

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°8 / 2012



Escher Kulturlaf 2012

Student Welcome Pack

La Ville d'Esch-sur-Alzette et l'Université du Luxembourg ont le grand plaisir d'annoncer le lancement du premier «Student Welcome Pack».

Destiné prioritairement aux étudiants de l'Université du Luxembourg, ce «pack» contient des informations pratiques et renseigne sur l'offre culturelle, sportive et associative, et les loisirs à Esch.

Cette première édition de ce carnet d'accueil «spécial étudiant» a été réalisé en collaboration directe avec l'Université du Luxembourg et l'association des commerçants eschois avec un tirage initial de 5000 exemplaires et sera distribué à partir du 17 septembre 2012 à tous les étudiants de l'Uni.lu.

Ce carnet sera également disponible au City Tourist Office à tout autre intéressé désirant s'informer sur la diversité des possibilités et les atouts qu'offre la Ville d'Esch.

ESCH-SUR-ALZETTE VILLE UNIVERSITAIRE STUDENT WELCOME PACK 1^{ERE} EDITION



Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello –
M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid –
M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia
Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth
– M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Pierre-Marc Knaff

Ordre du jour


Page

Réunion à huis clos

1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision
2. Enseignement: 2^e liste; décision

Réunion publique

3. Information au public des décisions de personnel	4
4. Correspondance	4
5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales: adaptation; décision	4
6. Adaptation des règlements-taxes pour Maisons Relais suite à la modification du règlement grand-ducal instituant le «chèque-service accueil»; décision	14
7. Convention de coopération pour la zone d'activités «Um Monkeler»; décision	15
8. Adhésion au SIGI des communes de Koerich, Waldbillig et Schieren; décision	15
9. Devis et crédits spéciaux: travaux municipaux et service scolaire; décision	16
10. Décomptes: services industriels et travaux municipaux; décision	19
11. Relevés et rôles; décision	19
12. Questions de personnel; décision	19
13. Transactions immobilières; décision	20
14. Contrats de bail; décision	20
15. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	21



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 21. September 2012**

3. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Wéi all Kéiers wäert d'Press informéiert ginn am Punkt 3 iwwert déi Décisiounen a Personalfroen déi mer geholl hunn.“

A) Résiliation de contrats de travail.

1) Résiliation d'un commun accord des contrats d'engagement conclus pour une durée indéterminée entre l'administration communale et les éducateurs renseignés ci-après. Il s'agit en l'occurrence d'éducateurs affectés auprès de l'enseignement fondamental qui ont été engagés à durée indéterminée par la Ville avant l'entrée en vigueur de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental:

BRAOJOS Romina, RECH Jeff, MAHNEN Patrick.

Motif: Reprise par l'Etat dans le cadre de l'exécution de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} octobre 2012, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Simone Klein, née le 26 mars 1983, domiciliée à L-4510 Oberkorn, 39a, route de Belvaux, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

Lettre de l'intéressée du 9 août 2012.

B) Question de personnel (agent engagé sous le régime de l'employé communal respectivement du salarié).

Engagement, avec effet au 1^{er} septembre 2012, à plein temps et à durée indéterminée de Madame Mandy Mathieu, née le 04 août 1985, demeurant à Bettembourg, 127, rue Michel Lentz, comme aidant social et éducatif pour les besoins du foyer de nuit « Abrisud ». L'intéressée est admise au régime du salarié. Elle sous-occupe au Foyer de nuit le poste d'éducateur diplômé. (La régularisation administrative sera effectuée lors de la prochaine approbation d'un organigramme du foyer de nuit).

Le degré d'occupation du nouveau titulaire est fixé à 40/40^{ièmes}.

L'intéressée a effectué auprès du foyer de nuit ABRISUD l'apprentissage du métier d'auxiliaire de vie.

La rémunération du nouveau titulaire est fixée en application de la convention collective de travail pour le secteur d'aide et de soins et pour le secteur social actuellement en vigueur (en abrégé CCT SAS) pour les agents classés dans la carrière PE 7 de l'aide social et éducatif.

La période d'essai est fixée selon les dispositions en vigueur en la matière.

4. Correspondance

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales: adaptation; décisions

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ënnér Korrespondenz hu mer elo näisch virleien, esou dass mer direkt kënnen ufänke mat eise Règlements taxes. Dir kënnst lech vläicht elo froen, firwat Dir en Dokument virleien hutt obwuel et schonn an Ärem Dossier war. Mir hunn lech elo net ugeschmiert. Mir hu just e klengen Toilettage de texte gemaach. Mir hunn och, an dat war schonn direkt an der Finanzkommissiouen redresséiert ginn, mir hunn och e puer Erratum redresséiert an déi Saachen déi elo wierklech geännert sinn, dat sinn da ganz, ganz weineg. Déi gesitt Dir an där bronggroer Fuerf, also kënnst Dir direkt dorausser schléissen, dass dat an der Substanz genee dat nämlecht Dokument ass wéi dat, wat Dir an Ärem Gemengerotsdossier hutt.

Et war eis och direkt e Feeler virkomm op der Säit 1. Mir haten tatsächlech net wölles, an dat war och net esou gewollt vun eisem Biergeramt, mir haten net wölles eng Taxe déi mer hate fir sech an d'Wielerlëschten anzedroen, déi mer abrogéiert hate fir dee Prozess ze favoriséieren an d'Leit ze encouragéiere fir sech anzedroen. Mir hate guer net wölles fir déi Abrogatioun erém réckgängeg ze maachen. Déi ass natierlech bliwwen an et ass selbstverständlech gratis fir sech an d'Wielerlëschten anzedroen. Mä dat ass dann och eben hei redresséiert. Dofir steet den abrogé och an där bronggroer Fuerf.

Wann Dir d'accord sidd, da géinge mer eng Kéier duerch d'Dokument goen. Quitt dass ech zimlech sécher sinn, ech hunn dat och schonn an der Finanzkommissiouen gemierkt, dass déi meesch Leit gutt informéiert sinn a sech dat Dokument ugekuckt hunn.

Fir d'éischt sinn d'Taxes de chancellerie. Do wéilt ech am Fong just ervirsträichen, dass mer e Package elo hunn. Dee gëllt fir d'Déclaration de naissance, de mariage, de partenariat et de décès. Do kritt een dann all Kéiers 6 Kopien an dat ass dann och méi avantageux wéi vir-drén. Allerdéngs gëtt et déi awer och nach am Stéck, well nämlech et der och sinn déi welle keng 6, déi wëllen der just 2. Bon, da komme se herno zwar an der Regel erém. Et kann een dat eent oder et kann een dat anert a keen ass dann diskriminéiert.

Mir haten och elo schonn Taxe fir Zirkusen, fir Jeux de quilles, fir Jeux électriques, Billards, Kickeren, Flipperen, Appareils de musique – obwuel ech mech

ëmmer froen ob et där nach iwwerhaapt nach gëtt, mä eise Sekretär hat gemengt, dat géing elo geschwënn erëmkommen. Dat ass Vintage, dat kënnt geschwënn erém a Moud. Op alle Fall, wat duerno ass ass erém virdrun an do geet et einfach esou, dat hu mer net émgeännert, mä d'Prozedur huet awer geännert. Well bis elo sinn eis Jongen dann dohinner gaangen oder si si besser gesot, net dohinner gaangen, fir éierlech ze sinn, fir dat anzedreiwen. Dat war vun der Gestiouen hier a vum Opwand hier einfach net machbar fir eis Servicer. Dat wëll ech éierlech soen. An dofir hu mer et elo esou gemaach, an dat gëtt dann och haut offizialiséiert, dass all Offer déi een an där Siicht huet, Objet vun enger Déclaration obligatoire muss maachen. Op Grond vun engem Formulair deen hinnen zougestallt gëtt a wou se dann och informéiert ginn iwwert dat heite Reglement. An eis Servicer procédéiere just a regelméissegan Ofstänn zu Kontrollen an et ass och da gewosst vu jiddwerengem, dass Amende vun 250 € ze maache sinn, wann een entweder keng Deklaratioun mécht oder falsch Deklaratiounen. An an deem Fall gëtt vun eise Leit déi dann och a regelméissegan Ofstänn Stéchprouwe maachen, e Redressement gemaach an dat gëtt dann natierlech facturéiert. Bon, dat just als Explikatioun dozou. Dat heescht, et ass wuel déi nämlecht Taxe mä et ass eng aner Prozedur fir se anzedreiwen.

Mir hunn dann eng Taxe déi nei ass. Nei hei zu Esch. Dat ass eng Taxe de mise à disposition des salles de réunions de l'Hôtel de Ville. Do hu mer direkt dobäi geschriwwen, fir dass dat direkt fir jiddweree ganz kloer ass a virun allem fir eis Escher Veräiner: Si falen hei net drënner. Dat heescht, fir eis Escher Veräiner ass et weiderhin onentgeltlech fir hei an d'Gemeng ze kommen a Sëtzungen ze maachen oder och fir aner Raimlechkeeten an Usproch ze huelen. Et ass leedeglech eng Taxe de mise à disposition wou mer énnerscheeden à des fins commerciales oder non commerciales an och ob et sech ém Associationen non locales oder localéed handelt an deem Fall. Bon, et ass tatsächlech e gängege Locatiounspräis dee mer hei geholl hunn, deen ènnert dem Präis läit deen zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg gefrot gëtt. Mä mir hunn awer fonnt, èmsou méi dat och mat erheeblechem Opwand verbonnen ass, och vun eiser Equipe hei vum éischte Stack, hu mer awer fonnt, dass mer net obligéiert si fir déi Raimlechkeete weiderhi gratis zur Verfügung ze stellen.

Wat de Vin d'honneur ubelaangt, dat hat ech och d'Geleeënheet an der Finanz-

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

kommissioun ze soen, wou jo och all Chefs de service présent ware fir d'Critères nach eng Kéier duerzeleeë wéi dés Adaptatiounen zustane komm sinn. Mir hu wat d'Vins d'honneur ubelaangt eng Invasioun vun Demande de vin d'honneur, an eise Konsum u Wäin ass, ouni dass mir dorunner Schold sinn hei am Schäfferot, oder och am Sekretariat, ..."

Verschidde Stëmmen: "Oooh!?"

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
"... enorm, enorm an d'Luucht gaangen a mir haten och do èmmer eng onangenehm Situatioun. Well doduerch dass et bekannt ass, dass mir ganz generéis sinn hei zu Esch, sinn dann d'Zuel vun de Wäifláschen, well dat war èmmer méi beléift wéi Softdrinks ass, wierklech och enorm an d'Luucht gaangen, esou dass mir èmmer méi Demanden hate fir 50, 100, 150 Leit. Dat kënne mir natierlech och finanziell net méi droen, esou dass mer hei awer och dee Vin d'honneur, ausser elo fir Mariagen a Partenariaten, wou fir déi éischt 25 Persounen dat selbstverständlech wéi bis elo gratis bleift. Mä wann een awer hei eng Hochzäit mat 200 Leit mécht, dann ass et awer ganz normal, dass ee säi Wäi bezilt. Mir sinn awer kee privaten Eventmanagement. Dat kënne mer wierklech net maachen. Allerdéngs brauche mir d'Hélfel vun eiser Subsidekommissioun déi mengen ech nach èmmer net an där Kompositioun fonctionnérert wéi se virgesinn ass. Déi Subsidekommissioun déi brauche mer fir eng Hélfelstellung, well mir sinn awer der Meenung, dass et Cérémonies d'anniversaires weiderhi muss a ka ginn. Wann ee 25, 50, 75, 100 Joer feiert als Escher Associatioun bespillsweis, da kritt een och weiderhin en Éierewän. A wa mir déi Décision huelen, dann ass deen och weiderhi gratis oder et ass e Package wou d'Subsidekommissioun eis eng Propos mécht. Mir wëllen do eng Propose kréien, fir dass mer do och jiddwerengem kënne soen, hei wann Dir deen Anniversaire maacht, mir erwaarde vläicht do eng kleng Géigeeeschitung, mä mir kommen lech wäit entgéint als Gemeng. Mä mir wollten dat just net als Schäfferot tranchéieren an hunn dat dofir och haut net matbruecht. Also do erwaarde mer, wéi mer dat elo provisoresh als Aarbechtstittel genannt hunn, e „jubilé package“, eng Jubilé Package Proposition vun eiser Subsidekommissioun, dat ass dofir hei net agefloss.

Do wou elo näisch zu den Taxe spézifesch soen, hu se entweder net geännerert oder et ass keng Remarque dozou ze maachen.

Wa mer dann op Säit 6 ginn, de Service des eaux, de Waasserpräis. Do si mer en attente vun enger Solution nationale. Do wou geschwat gëtt vum Wonsch vun engem eenheetleche Waasserpräis, wat èmmer ee politesch dovunner kann halen oder denken, mä op alle Fall waarde mir dat awer of. Dofir ass dat hei net agefloss. Insgesamt gëllt hei de Prinzip vun der Käschtedeckung an deene Kapitelen. Wat d'Kollektivantenn ubelaangt, do sinn déi Droits d'auteurs, Recouvrementen déi mer schonn am Gemengerot haten. Dat ass einfach eng Konfirmatioun vun deem wat mer hei schonn décidiéert haten. Wat den Département vun eisen Travaux-en ubelaangt, do hu mer als Schäfferot gesot kritt, mir sollen onbedéngt hei d'Remarque maachen, dass duerch déi heiten Opstellung an duerch déi heiten Upassunge méi eng transparent Approche bei hinne maassgeblech war fir déi heiten Duerstellung ze maachen. Och hei eng Neierung, déi zweet oder drëtt Haaptneierung no de Prozeduren déi geännerzt hu fir eis Hotelieren oder eis Etablissementer déi bestëmmten Apparater zur Verfügung stellen. An de Vin d'honneur kënnt hei déi drëtt Ännérung am Fong, wat d'Taxen ubelaangt. Dat handelt sech èm Festivitéiten déi organiséiert ginn an dat Material wat an der Gemeng dofir ugefrot gëtt. Och hei war zu Esch als eng vun en eenzege Gemengen hei am Land d'Welt ganz laang komplett an der Rei, well dat ass onentgeltlech an allen Hinsichte fir jiddwereen zur Verfügung gestallt ginn. Ech muss och soen, dass mir hei zu Esch verwinnt sinn, well mir hu wéineg Abusen. Mir hu wierklech Veräainer déi en bonne et due forme mam Material èmgi wat mir hinnen zur Verfügung stellen. Et gi ganz wéineg schwarz Schof doranner. Mir hu wierklech net némmen e ganz dynamescht Veräinsliewen, mä och e ganzt, an deem Sënn, e ganz professio-nell Veräinsliewen. Ech wëll och dofir direkt agangs soen, dass d'Mise à disposition vum Material vun der Gemeng fir lokal Associations à but non lucratif, also all eis Kultur- a Sportveräainer an och aner Quartiersassociatiounen, dass déi Tauxe fir si net gëllen. Dass et also do weiderhin onentgeltlech ass. Dat ass allerdéngs aneschters bei Associations à but lucratif a personnes privées résidentes an et ass och aneschters à but lucratif non résidentes. Non résidentes ass am Fong dee gängige Locatiounspräis, dee gëllt also da fir all Association et Société à but lucratif non résidente et personne privée non résidente. Mir hunn allerdéngs do och geduecht, mir missten de lokalen Associations et Sociétés à but lucratif a

personnes privées, lokale personnes privées entgéint kommen. Si bezuelen deemno just d'Halschent vun deem gängige Präis. Wat fir si alleguerete gëllt, egal vu wou een ass an egal ob ee lucratif oder non lucratif ass, well mir mengen, dass hei déiselwecht Regele solle gëllen, dofir steet dat och op Säit 9, pour tout un chacun: Wann een d'Material futti mécht oder wann et op eemol net méi do ass, da muss een dat Material bezuelen. Ech mengen dat ass iwwerall esou, wann een eppes futti mécht wat engem net gehéiert, da muss een dofir opkommen an dat ass och dann hei de Fall. An dat sinn déi Präisser déi mir och musse bezuelen. Dat heescht am Kloertext, wa mer elo kuerz iwwert d'Administratioun oder d'Prozedur schwätzen, do gëtt en Inventaire gemaach vun deem Material wat mir zur Verfügung stellen. Et geet och aus deem Inventaire ervir éänner wéi eng Kategorie ee fällt. Entweder énnert d'Kategorie Association et société à but lucratif résidente et personne privée résidente oder Festivité organisée par association et société à but lucratif non résidente et personne privée non résidente. Allerdéngs gëtt deen Inventaire och gemaach fir déi déi net musse bezuelen, fir eis Associatiounen. Well wann eppes verluer geet a wa se et futti maache mussen och si fir dee Schued opkom-men.

Mir géingen da weiderfuere mat dem Service Enseignement. Do vläicht ufânke mat eisem Zenter zu Ënsber, eisem Home wéi mir en nennen. Do ass natierlech d'Gratuitéit weider assuréiert fir all Schoukklassen an och d'Maison Relais Klassen. Allerdéngs hu mer och gesot, elo wou mer d'Renovatiounsaarbechte gutt iwwert d'Bühn kritt hunn an eisen Home wierklech gutt an der Rei ass a schéin ass, solle mer och d'Méiglechkeet hu fir eng Locatioun vun deem Home ze maachen. An hei gängeg Regelungen. Se sinn hei dokumentéiert. Jiddweree kann deen Home hunn. Mir accordéieren natierlech eng Preferenz eise lokalen Associatiounen, mä och anerer kënnen e lounen. Wann een do eng Locatioun mécht, do hu mer d'Präisser nogekuckt, déi si wéi a Jugendherbergen. Dat ass jo e bëssen déi Kategorie éänner déi et da fällt.

Wat eis Waldschoul ubelaangt, och hei hu mer eng Opdeelung gemaach. Déi ass zum Deel méi gënschteg ausgefall. Mä mir énnerscheeden och hei, an ech wëll dat elo net erëm, dee ganzen Numm, well ech hunn a menge rietse Reie gesinn, dass Dir mech bedauert hutt, well ech dee mat non lucratif a lucratif ..., liest et elo einfach an da gesitt Dir déi Präisser. Op alle Fall och hei weiderhin eis won-

nerbar Waldschoul gëtt weiderhin zur Verfügung gestallt. Do hu scho ganz vill Leit, ganz vill Clube wonnerschéi Weekender oder Owender verbruecht.

Wa mer natierlech virun allem dat wëlle professionaliséiere fir extern Gruppen oder fir Sociétéiten à but lucratif déi do vläicht och dee Kader wëllen notzen an dowéinst och mussen an eisen Aen e bësse méi serieux Locatiounskäschten iwwerhuelen, da mussen och mir zum Deel eis professionaliséieren a Saachen Nettoyage. Et kann net sinn, dass een dann do awer adaptéiert Präisser fir d'Locatioun bezilt an da wier, wéi et heiansdo an der Vergaangenheet et aus reng organisatoreschen Ursachen alt scho mol virkomm ass, d'Toiletten net an der Rei oder de Site net perfekt gebotzt. Do musse mir dann och hausintern déi eng oder déi aner Verbesserung maachen, wat och dann hei als Engagement mat haut op de Wee gi gëtt.

An der Sécurité sociale, do hu mer Repas sur roues, minimal Adaptatiounen. Dat sinn déi gängeg Adaptatiounen op Grond vun Adaptatiounen am RMG.

Gymnastique/Nation am Service des sports do ass de Fit 60+ einfach namentlech erwähnt ginn, well dat am viregte Reglement dann nach net de Fall war. Soss sinn do weider elo keng Remarquen ze maachen, ausser am Zesummenhang mat der LASEP, wou minimal Adaptatiounen sinn.

Taxes et tarifs divers, do kann ee vläicht besonnesch ervisträichen d'Prestatiounen vun eisem Service incendie, de Pomjeeën. Hei ass virun allem a mer haten och déi Ausso vum Kommandant an der Finanzkommissioun, hei ass virun allem den Abusen entgéint gewierkt ginn, well eis Pomjeeë si jo awer prioritär do fir d'Feierscherheet an insgesamt d'Sécherheet vun eiser Escher Populatioun an oft genuch och vun eisen Nopeschgemen gen ze assuréieren. A wa si wierklech fir d'157. geruff ginn, well de Fils oder d'Duechter de Schlüssel schonn erëm am Schoulsak leie gelooss huet oder ee vergiess huet e moies aus dem Buedzëmmer ze hueelen, also dofir sinn eis Pomjeeë wierklech net do. Si maachen et, awer et kann och net wéi et bis elo war, praktesch fir näisch sinn oder och aner Saache wou dann d'Feierleeder muss erausgeholl ginn, ouni dass am Fong e Sécherheetsproblem besteht, mä dass muss een an en Haus erakommen deen aus Oubli e Problem geschaft huet. Dofir si si awer wierklech net onbedéngt do an dofir sinn hei Adaptatiounen komm a si konnten dat och vill besser wéi ech an der Finanzkommissioun duerstellen. Wat de Gesamtvolet Hygiène ubelaangt, do si mer en

attente vun engem neien Déchetsgesetz wat wäert wäitreichend national Iwverleeunge mat sech bréngen an dat kéint eventuell zu engem neie Reglement hei zu Esch féieren, esou dass dat och net agefloss ass.

Wat Urbanismus an d'Taxes d'infrastructures ubelaangt, do wëll ech fir all déi, déi genee wéi ech net méi wousste wat EDH a wat COS heescht, wollt ech et dann nach eng Kéier soen. EDH ass den nationale Moosswäert wat de Finanzschlüssel ubelaangt. Jee nodeem wéivill Awunner een huet a wéi grouss engem säin Territoire ass. An COS ass d'Ofkierung fir Coefficient d'occupation du sol, wou et eis haaptsächlech drëm gaangen ass fir och eng méi gerecht Ënnerscheedung ze maachen, ob et kleng oder grouss Wunnenge sinn an och hei Abusen entgéint wierken.

An der Vergaangenheet war et bal eppes wéi e Kavaléiersdelikt wann een eng Fermeture de chantier gemaach kritt huet. Et huet awer praktesch émmer geheescht, oder net praktesch, mä et huet émmer geheescht, dass ee sech net u gesetzlech Regele gehalen huet, dass ee keng Bau genehmigung hat, dass een Aarbechte virgezunn huet déi een net huet dierfte maachen. An dat heescht fir eis awer émmer boer Ménz, well do sinn Honorai ren, Huissieren, Permanencë vun eisen Agenten, Reglementer an esou weider. Dat gesi mir net an an dat gëtt dofir rich teg taxéiert an dat ass och richteg esou. Dat tréfft net den normale Bierger dee sech un d'Regelen hält. An et kann net sinn, dass deen dee sech un d'Regelen hält, gestrooft ass an deen anere këmmt dovun.

Dann am Fong déi véiert Neierung déi hei dran ass, dat sinn d'Taxes de séjours déi mer aféieren, wou mer awer, an dofir ass dat och hei nach an enger anerer Fuerf dobäi geschriwwen ginn, dat ass net fir de Camping. Et ass just fir d'Hoteller. Mir hunn als zukünfteg Universitéitsstad mat engem nationale Rayonnement, internationale Rayonnement, si mer émmer och méi interessant gi fir Investisseuren aus der Hotelsbranche. Mir hunn och, wann een elo seng Dieren zou gemaach huet, well en net bereet war déi batter noutwenneg Investitiounen fir d'Moderniséierung ze maachen, wat ganz schued ass, do hu mer awer vill anerer dobäi kritt. A mir hiewen do vun elo un eng Taxe de séjour op, wou vun der Prozedur hier déi nämlecht Regelung gëllt wéi fir déi Apparater déi ee muss deklaréieren. Et kritt ee Formulaire geschéckt. Mir hunn dank den Erhiewungen déi an eisem Service économique gemaach gëtt e Répertoire vun all deenen

Etablissementer an Hoteller déi ènnert déi Reglementatiounen falen, well déi hunn iwwerhaapt keng Obligation fir sech hei bei eis als Gemeng ze mellen. Déi brauche sech just an de Régistre de commerce anzedroen an déi kréie mir net als Gemeng. An och d'Steiererklärungen am Escher Büro, dat fällt natierlech ènner d'Steiergeheimnis. Also, u sech dee Répertoire ze maachen, huet elo 2 Joer Aarbecht kascht, vu Geschäft, vun Etablissementer déi eventuell Musekapparater oder aner Saache mussen deklaréieren oder och Hoteller déi an Zukunft eng Taxe de séjour musse bezuelen. Do sinn also e puer Servicer déi mussen zesummen Hand an Hand schaffen. Fir d'éischt d'Sekretariat, fir déi op Basis vum Répertoire vum Inventaire vum Service économique allegueren unzeschreiwen. Dann eise Service facturation fir dat ze fakturéieren an dann eis Recette fir ze kucken ob déi Recetten erakomm sinn. An dann, jee nodeem wéi eng Persounen dat maachen, ob dat eis Agente sinn, eis Gardes champêtres sinn oder déi Persoun déi sech èm Kiermes a Maart këmmert, ob mer déi op de Wee schécken, mä et mussé kënnne Stéchprouwe gemaach ginn an et mussé kënnen och Kontrolle gemaach ginn. Dofir, dat ass en administrativen Opwand, mä dat dréit awer zur Professionaliséierung bái vun deenen Etablissementer déi bei eis um Terrain sinn, an dat ass och ganz richteg esou.

Vläicht nach ofschléissend e puer Remarqué vu méi genereller Natur, well et ass émmer erëm gefrot ginn. Dës Adaptatiounen vun den Taxe wäerte kee gréissen Impakt op d'Recetté vun eiser Gemeng hunn. Et ass och net an deem But gemaach. Dat wëll ech och ervisträichen. D'Taxe fir Waasser, Kanal an Dreckskeesch an esou weider, also déi déi kíenten eng Répercussion op d'Bierger hunn, déi ännere guer net. D'Taxe fir d'Antenne, esou wéi dat d'éinescht scho gesot ginn ass, ännere ganz liicht. Fir d'Méikäschten ze neutraliséieren déi mer duerch d'Droits d'auteurs hunn, dat ass also dat wat mer hei scho votéiert hunn. D'Chancellerie ass éischter eng Reorganisatioun, dat ass iwwerhaapt keng global Haussé déi do maassgeblech war. Eng Rei Taxen hu misste geännert gi fir Lücken ze schléissen déi am Taxareglement am Moment bestinn. Zum Beispill d'Fermeture de chantier, wéi ech d'éinescht gesot hunn. Praktesch all Adaptatiounen oder Haussen déi am Beräich vun den Travaux oder am Service incendie oder Service industriel sinn, sinn an enger renger Käschtedeckungsoptik an déi Taxe sinn och meeschters eemoleg. Dat heescht, dat si keng Taxes journalières,

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

dat sinn zum Beispill Taxe de raccordement oder PAPen déi een eemoleg muss bezuelen. Ausserdeem gëtt och de Fonctionnement oft a kontinuéierlech verbesert an doduerch och d'Offer vun der Gemeng ugepasst. Vill Taxe ginn och carément ofgeschaافت, annuléiert, well se einfach net méi justifiérert sinn. Dat hutt Dir jo dann och gesi wann Dir dat heiten duerchgekuckt hutt. An d'Haapptaxen, also déi déi de Bierger all Dag treffen, déi ännere praktesch iwverhaapt net, also sinn och an der nämlechter Logik keng Kompensatiounsmesuren néideg, wéi mer dat selbstverständlech géinge maache wann dat net de Fall wier, well mir si jo nach weiderhin émmer eng vun den eenzege Gemengen déi systematesch Taxes de compensation do asetzet wou de Bierger getraff ass. An dat fanne mir och, mat alle sozialen Erwägungen déi do druhänken, déi richteg Virgehensweis an domat ass d'Presentatioun vum Schäfferot vun dësem Dossier ofgeschloss an d'Diskussioun ass dann och op.

Au vote!

(Gelaachs)

Den Här Zwally, den Här Bernard."

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen d'Thema vun den Taxenerhéijungen ass jo och fir eis als Gemengerot keen einfach. Wann et èm de Portemonnaie vun de Leit geet, dann ass et jo sécherlech spannend wat déi eenzel Parteien dozou ze soen hunn. Datt et hei èm eng Verschlechterung vun de schwaachen a manner schwaachen Haushalter geet, ass och fir eis kloer. Domatter verbonnen ass déi Sozialkomponent déi sech ni wäert verdroe mat Erhéijunge fir eng Déngschtleeschtung déi oft an de Käpp vun de Leit als gratis ugeholle gëtt.

Datt Dir eis haut dëse Punkt um Ordre du jour virdrot, ass couragéiert, nodeems mir säit Joeren eis an der Kris jo befannen. Et gëtt am ganze Land versicht Asperungen ze maache fir d'Dépense an d'Recetten an den Equiliber ze kréien. Wat sech esou einfach unhéiert, ass awer am grousse ganzen e Balancenakt, deen et a sech huet. D'CSV huet émmer Problemer gehat wann et èm d'Taxenerhéijunge gaangen ass, well mer der Meenung sinn, datt een ier een op dëse Wee geet sollt versiche fir d'éischt seng Dépense reduzéieren. E Beweis dass dëst gemaacht gouf, Kolleginnen a Kollegen, ass bis haut nach net erwisen. D'Task force déi deemools agesat gi war, war viru Joeren och e grouss Thema, an haut gesi mer, dass mer nach näischt dovunner weider héieren hunn. D'CSV ass och der Meenung, dass eis Dépensepolitik sech misst

aneschters beweegen. Net fir d'éischt soe mir dat an eiser Budgetsdiskussioun, soe mir dat émmer erëm. Wat ass d'Ursaach fir et ze maachen? D'Madame Buergermeeschter huet virdru gesot, datt d'Adaptatiounen sech géifen opdrängen op Grond vun Deierechten déi an d'Luucht gaange wieren. De materiellen Opwand wär méi grouss a méi vielfältig ginn, och dat schéngt op en éischt Bléck richteg ze sinn. Allerdéngs stelle mir als CSV d'Fro ob dëst net scho laang de Fall ass. Wann een d'Präisentwicklung op alle Borde suivéiert, hëlt een an Uecht, datt se konstant an d'Luucht gaangen ass an deene leschte Joeren. Dëst beinhalt d'Angscht datt d'Inflatioun sech net no ènne mä oft no uewe beweegt, wat net gutt ass fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land. Eng Deierecht dréit émmer dozou bái eng Inflatioun no uewen ze bréngen. Bei dëse Moosname wäert et net aneschters sinn. Dee Marginalwäert deen Dir ugeschwat hutt, bréngt deen eenzelne Bierger finanziell an eng Spiral no ënnen, och wa verschidde Wäarter net enorm sinn. De Fait, datt et bei vereenzelten Taxe méi deier gëtt, ass eng Méiausgab fir deen Eenzelnen.

Mir sinn och net averstanen, datt elo queesch duerch de Geméissgaart, nämme well Dir an Ärem Koalitiounspogramm stoen hutt, datt elo sämtlech Taxen duerchgeholle gi fir ze énnersichen ob se nach gutt sinn oder net. Hei vermësse mir als CSV e kloeren Duerchbléck dee programmatesch un esou eng Problematik erugeet. D'Methodologie déi feelt an Ären Iwwerleeunge komplett. Ech wëll net vu Chaos schwätze wat dat inhaltlech Instrument ubelaangt, mä et feelt komplett e kloere Bléck fir eng géeegent Politik zu den Taxen ze maachen.

Als CSV si mir der Meenung, datt een net no programmatesche Gefälligkeitte soll kucken. Är Sozialmissiou ass ze énnersichen, wann et wéini zu wat fir enger Zäit den Inventaire vun enger Taxe soll gemaach ginn. Et sollt een zum richtegen Zäitpunkt selektiv virgoen. Mir géif als CSV mol en akzeptabelt Instrument zurecht leeën a genau énnersichen no wat fir enge Critères ze verfuere wier. Ass et eng material Deierecht oder Upassung un aner Deierechten. Dat ass hei, wéi oft, déi grouss Fro. Dat geschitt a kengem Argumentär. Hei gëtt no kengen erkennbare Critères agéiert. Mir sinn als CSV der Meenung, datt esou eng Politik méi éierlech a méi glafwierdeg wär, wann dat de Bierger kloer verständlech géife gemaach ginn, da géife se och esou mat droen. Da kénnt nach déi énnerschiddelch Bewäertung wou de Résident an net

Resident émgeet. Déi bezuelen nämlech dat Duebelt bei verschiddenen Taxen, ass fir eis net verständlech. Dat kann nämlech als eng Diskriminatioun ugeholle ginn an et kann a wäert och déijéineg sech mellem an och als ongerecht empfannen an da verfeele mer och dat Zil wat mer eigentlech nämlech wollten, nämlech d'Location vun dëse Säll och un anerer ausserhalb vun Escher Veräiner zougängelge ze maachen.

Bei den Tauxe vu verschiddene Certificaten an och aner Dokumenter, wou d'Bierger net dofir können, well se déi einfach octroyéiert kréien, och mir als Gemeng fuerderen déi ganz oft, sollte mir ganz einfach gratis ginn.

De Käschtendeckungsprinzip ass e gudde System an dee soll ee virun uwenden an deene Beräicher wou et sollt a mir och gesetzlech musse maachen. Nétzlech wär et gewiescht, wa mir méi en demokratesche Wee gaange wieren, nämlech dee vun den zoustännege Kommissioune mat zoustännegen Avisen. Et sinn an dëser Taxendiskussioun ganz einfach déi demokratesch Linne verluer gaangen an Ärer Koalitioun. Esou Diskussiounen sinn noutwenneg an eiser Gemeng an och an eiser Escher Gemeng.

Desweideren, Madame Buergermeeschter, vermësse mir déi Bonifikatiounen déi mir sollten deenen neie Studente vun eiser Unisstad offréieren. Jonk Leit déi bei eis op Esch kommen, fir kuerz Zäit op eis Uni kommen, sollten och an dëser Hinsicht Verbéllegunge kréien. Hei ass net dru geduecht ginn, d'CSV wëll keng Zwou- oder Dräi-Klassesgesellschafte schaffen, mä hei sollte mir en zousätzlechen Effort maachen an déi jonk Studenten énnersetzen.

Madame Buergermeeschter, et wär vun eiser Säit aus nach Villes ze soen iwwert déi Taxen. D'CSV ass der Meenung, datt d'Hausaufgab net gutt gemaach ass. Et huet eis hei net iwwerzeugt an aus deenen Ursachen déi ech elo genannt hunn, wäerte mir och dës Taxenerhéijung net mat stëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. Da geet d'Wuert un den Här Bernard an ech mengen duerno huet den Här Baum sech gemellt.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Dir sidd an Ärem Exposé e bësse méi an d'Detailer agaan-gen. Dat war och vun Ärem Standpunkt aus verständlech. Ech wëll méi allgemeng Remarqué maachen iwwert d'Allgemeng-heet vun den Taxen, vun der Taxepolitik an duerfir géif ech drun erénnerner, dass nodeems Dir elo Landesmeeschter gi sidd

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

virun e puer Méint an de Parkingtaxen, dass mer elo dann higinn an nach eng zweete Kéier kuerz duerno Taxenerhéijunge virhuelen déi jo ganz einfach, an do brauch een net laang nozedenken, op d'Káschte vun de Leit hirem Portefeuille ginn. An ech wéll dobäi soen, dass dat eng Politik ass déi oniwverlegt ass an inkohären ass.

Ech soen och dat hei, während de Budgetsdebatte viru knapps engem Joer, do hat ech opmiersam gemaach wat déi finanziell Situatioun ubelaangt, dass d'Gemeng Esch am Joer 2012 wou mer sinn, dat heesch de Budget 2012, Ausgaben tätegt déi fir d'Joer 2020/21 virgesi sinn. An dat ass keen Zoufall. Dat ass keen Zoufall. Dat ass d'Resultat ..." (Gelaachs)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „License to kill.“

Zénon Bernard (KPL): „Ech weess awer net wat do soll esou witzeg sinn. Dat ass d'Resultat...“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Nee, dem Här Hinterscheid säin Telefon ass gaange mat James Bond Musek, dofir hu mer hei gelaacht.“

Zénon Bernard (KPL): „Ass an der Rei. Ech wéll vun zwou Saachen haapt-sächlich schwätzen déi ganz einfach ganz negativ si fir d'Leit dobausen, fir hire Portefeuille, an enger prekärer Situatioun wou d'Leit elo scho joerelaang an der Kris sétzen a spürbar, spürbar an hire Portefeuillé gebeidelt ginn duerch Décisiounen déi natierlich um nationale Plang geschitt sinn, och wann dat dësöfttere vun deene selwechte Parteie getätegt gëtt.“

Do hu mer fir d'éischt dee wierklech onsoziale Käschtdeckungsprinzip an do muss een awer mol e puer Wuert méi kloer dozou soen. Ech hunn et och an der Finanzkommissioun gemaach an ech stinn och dozou. Et ka jo net sinn, dass en ongewielten, ondemokratesche Gremium wéi déi Kommissioun zu Bréissel, eise Lëtzebuerger gewiltene Vertriebler, souwuel am Parlament wéi an de Gemengen, virschreift wat se ze dinn hu bei der Präsentwicklung. Déi Saach ass émsou méi, émsou méi negativ a grotesk wann ee bedenk, d'Taxe ginn ugepasst, d'Léin a Gehälter do ginn d'Leit gestréppt, well den Index net regelméisseg erfällt. D'Steiertabelle ginn net ugepasst. D'Kannergeld gëtt net ugepasst, an den OGBL huet elo eng Etude presentéiert wou se noweisen, dass d'Leit wat d'Kannergeld ubelaangt, ém 13%

Verloschter an hire Revenuë vun den Allocations familiales hunn. D'Rentenupasung geschitt net an esou virun, a gläichzäiteg wou de Leit do erkläert gëtt: 'Upassung nee nee nee, also Index nee nee nee', gëtt an de Gemengen op Grond wéi gesot vun Décisiounen an engem Gremium vun, jee, loosse mer alt fréndlech sinn, vun ongewielten an onde-mokratesch denkende Leit, kréie mir hei octroyéiert – an ech ginn net midd et ze widderhuelen – fir hei d'Taxe permanent müssen ze adaptéieren. Dat ass deen ee Problem.

An deen anere Problem, dat ass dee vun enger Politik wou ech och schonn oft dovu geschwat hunn, déi eis oft an eng prekär Situatioun bréngt, dat sinn déi Public Private Partnerships, PPP genannt, wou ganz einfach elo erëm kloer um Dësch läit, wann een d'Chiffere kuckt, dass dat eng eesäiteg Geschicht ass, praktesch. Eng eesäiteg Geschicht wou d'Effentlechkeet Defizite muss decken, déi Héichten erreechen déi fir all Budget, a fir eisen och, ganz negativ Konsequenzen hunn. Dat heesch, de Prinzip deen am Kapitalismus gang und gäbe ass, wou et heesch d'Privatisierung vum Bénéfiss a Verstaatlechung vum Defizit, dee gëtt hei an der Praxis émgésat.

Mir brauchen némmen déi Bilanen ze kucke vun deene Parkingen do déi énner esou engem Auspice gemaach gi sinn. Dat heesch, ech sinn der Meenung, dass mir sollen als Gemeng ganz serieux driwwer nodenke fir esou Kontrakten déi een do gemaach huet, zumindest erëm an d'Diskussioun ze werfen an ze revisiéieren op Grond vun de reellen Tatsache vu Milliounen Euro déi mer do un Defizit müssen decke fir privat Promoteuren. Ouni un déi 4 Mio Garantie ze denken déi d'Gemeng iwwerholl huet a bei enger Faillite, wat jo keen hofft, Problemer géife bedeiten.

Ech sinn och der Meenung, dass et an deem anere Kader wou ech als éischte Punkt geschwat hunn, dass et Zäit gëtt, dass den Escher Gemengerot, dee jo awer duerch seng Tradition allgemeng als fortschrëttleche Gemengerot émmer gegollt huet, dass dee mol endlech higeet a seet zu Bréissel „Stopp“. Dat ass e Signal. Dat ass e Signal. Ajo. (Énnerbriechungen a Gelaachs)

Ech weess, Dir kuscht direkt. Dir sidd därmosse verwennt Vertriebler vun der Bréisseler Kommissioun, dass een lech als Euroszie ka verkafen, geschwënn. Jo. D'Situatioun – Här Weidig, wann ech gelift – d'Situatioun ass déi, dass ech der Meenung sinn, dass déi zweetgréisst Stad....“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Hei, loosst den Här Bernard schwätze wann ech gelift a lauschtet him no.“

Zénon Bernard (KPL): „... kann e Signal do setzen. Voilà. Awer wann een direkt kuscht, ass dat natierlich net esou. Dat zweet ass, ech hunn et scho gesot, dass ee soll higoen a sérieux nodenken iwwer gewëssé PPPen déi do eis d'Aen aus dem Kapp kaschten.“

Eng Saach, Dir wësst et, ech hu gesot Millioune kascht dat eis fir den Defizit ze decken. An ech ginn dovun aus, dass et fir d'Joer 2012 wou d'Chifferen nach net do leien, well et brauch een némme laanscht ze goen um Parking op der Brillplaz, respektiv d'Place de la Résistance genannt, an da gesäßt een absolut, absolut „onprofitabel“. Do sinn 298 Stellpla-zen, do sinn der permanent 280 net besat. Do kann ee passéiere wéini ee wéll, da gesäßt een dat. An dat kann natierlich net sinn, dass mir do permanent higinn an do Milliounen Euro engem private Promoteur an de Mond geheien, respek-tiv an d'Täsch stiechen, dee jo finalment awer op d'Káschte vun den Escher Bierger ausgi ginn. An dat ass dat wou een och mol eng Kéier soll sech iwwerleeën, ob een net soll dat zur Diskussioun stellen, vum Prinzip hier, fir dass een an Zukunft net nach esou Geschichten entaméiert déi dann duebel an de Portefeuille vun der Gemeng Esch stoussen. Dës Finanzpolitik, ech mengen do kann ee gedeelter Meenung sinn, ass a mengen Aen eng falsch Finanzpolitik, well permanent duerch déi Retroaktivitéit weider Taxe müssen agefouert gi fir anerer ze decke well een do e Feeler gemaach huet. Firwat soll een déi Feeler – Feeler si mënschlech – mä firwat soll een déi Feeler net redresséiere kérne wann ee gesäßt, dass dat negativ ass fir déi Escher Leit.

Also, ech sinn der Meenung, an ech soen lech dat och, ech leenen esou eng Finanzpolitik of an duerfir ass et och keng Iwwerraschung wann ech lech soen, dass ech déi Taxenerhéijungen net stëmmen. Ech soen lech Merci.“

Verschidde Stëmmen: “Ooooh!”

Zénon Bernard (KPL): „Ajo. Et wier gutt, wann Dir et och geingt maan.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Bernard. Et huet och elo den Här Baum d'Wuert gefrot. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „D'Taxenupasungen ass eppes wat an der Geschicht

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

vun de Gemenge schonn öfter virkomm ass. Dat heescht och, datt een net prinziell géint d'Upassung vun Taxe ka sinn. D'Fro ass just op wéi eng Aart a Weis déi Upassung geschitt. Ech hu mer d'Méih gemaach e bëssen déi lescht 7 Joer ze rekapituléieren, also wou et déi Taxenpassunge gi sinn.

2005 ass Waasser, Müll an Ofwaasser massiv gehéicht ginn.

2006 am Dezember ass de Virgänger vun deem heite Reglement votéiert ginn, wou virun allem d'Taxes de chancellerie nei, virun allem neier agefouert gi sinn.

2010 d'Taxenerhéijung um Parkraum.

2011 d'Taxenerhéijung op der Kollektiv-antenn.

2012 dunn d'Parkraumbewirtschaftung, déi no den Aussoe vum zoustännege Res-sortschäffen d'Logik vun der Käschten-deckung als Grondlag huet.

All dës Taxenerhéijunge si lass geléist vun aneren Aspektar, nämlech vun ökologe-schen, transportpoliteschen oder och sozialen Aspekter. Dat ass och de Grond firwat mir als Lénk an deenen ènnerschid-dlechste Konstellatiounen wéi mer hei sou-zen, an deene 7 Joer déi doten Taxen-erhéijungen èmmer ofgeleent hunn. Et fällt eis op, datt am Fong bei deenen Taxen déi hei modifizéiert, respektiv nei agefouert ginn, datt och keng Fiche financière do läit. Dat heescht, datt de finanziellen Impakt fir d'Gemeng net bechiffert ass. D'Madame Buerger-meeschter huet gesot, dee wier minime, oder dee wier eigentlech näisch, huet si an der Finanzkommissioun gesot. Wann et eigentlech näisch ass, dat wat d'Ge-meng finanziell dofir kritt, an dat awer mat administrativem Opwand verbonnen ass, da kann ee sech awer d'Fro stellen, wat de Bien fondé vun där doter Taxen-erhéijung ass. An et kann ee sech d'Fro stellen, wann et also net èm d'Suen, èm eng nei Recette geet, da geet et èm Prinzipien an da muss een déi Prinzipien han-nerliichten a kucken, wat ass d'Symbolik hannert där doten Taxepolitik? A mir falen do zwee Haaptelementer op. Éisch-tens, de Käschtendeckungsprinzip gëtt nach vill méi filigran wéi dat bis elo ass, an de Servicer ugewannt an ausgere-chent. An zweetens, et gesait een esou eppes wéi eng schlächend Merkantili-sierung vun éffentleche Servicer. Dat heescht, datt éffentlech Dengschtleesch-tungen, de Service public am Fong èmmer méi zu enger Zort Wuer gëtt, déi och wa se nach net käschendeckend ass, awer scho mol muss als Wuer betreuecht ginn an als Wuer gehandelt gëtt, déi ee géint Sue kritt.

Ech sinn, an dat war och schonn 2006 mäi Virgänger, komplett an aus Prinzip

dergéint datt all citoyenen Akt dee ver-bonnen ass mam Fait, datt ee Bierger vun enger Gemeng ass, och némmen ier-gendeng Taxe soll kaschten. Dat ass bei der Taxe de chancellerie awer de Fall. Notamment bei de Punkten, alles wat ènner a)1) notéiert ass, nämlech all déi Akte wéi Acte de décès, Acte de naiss-ance, Acte de mariage, déi mam Fait selwer ze dinn huet, datt ee Citoyen vun enger Gemeng ass. Dat mécht et och net besser, wann een da seet, mä da maache mer eng Propos, datt ee fir 6 vun deenen Akten, datt mer déi zum Préis vu 5 ubid-den. Et weist datt et eng Kréimerlogik ass déi do derhannert stécht an datt de finanziellen Impakt fir d'Gemeng net grouss ass, mä awer d'Symbolik no baus-sen immens grouss ass.

Iwwer de Käschtendeckungsprinzip hu-mer an der Vergaangenheit jo och scho ganz vill diskutéiert, besonnesch well et, mengen ech, eng vun deene groussen Trennungslinnen ass téschent der aktuel-ler Majoritéit an Deeler vun der Opposi-tion. D'Taxe sinn an der Vergaangen-heet, wéi ech virdru gesot hunn, èmmer erém gehéicht ginn. Op där anerer Sät sinn d'Steieren, also dat wat op de Béné-fisser, dat wat um Räichtum kéint erhuewe ginn, dat ass net erhéicht ginn, respektiv et ass souguer wéi et an der Vergaangenheit geschitt ass hei zu Esch, och gesenkt ginn.

Ech mengen datt eng Taxenupassungs-politik anesch misst fonctionnéieren a se misst eng aner Logik hunn. Se misst aner Parameteren hunn, sozial Parametere wéi zum Beispill d'Entwicklung vum Mindest-loun als Grondlag vun enger Diskussioun, wat een als Taxe wéi upasse kann. Et ass awer mengen ech, och net richteg fir ze soen, mir ginn all 5, 6 Joer hin an da kucke mer wéivill Indextranche fälleg gi sinn an da passe mer d'Taxen einfach némmen nom Index un. Well dat wiere genau déi Prix administrés, wou ech och nach viru kuerzem eise Premier hunn héiere soen, datt d'Gemengen dat wann ech gelift net solle maachen. Ech mengen datt eng aner Logik déi misst sinn, datt d'Gratuitéit vun alle Servicer misst exis-téieren, déi mam Citoyen selver ze dinn hunn, mat dem Fait datt ee Bierger vun enger Gemeng ass an datt eng Upassung no wierkleche soziale Parametere misst geschéien.

An ofschléissend, als ee klengt Beispill, mir hu jo elo virun allem iwwer déi grouss Prinzipie geschwat, ee klengt Beispill vun Taxenerhéijung mat där ech esou eppes vun net kann averstane sinn an déi wid-dersénneg ass vis-à-vis vun anere Politik-beräicher déi dëse Schäfferot mécht, dat ass d'Verduebelung vun den Aschrei-

fkäschte fir létzebuergesch Course fir Net-Létzebuerger. Dat ass e Beispill, dat gëtt verduebelt vu 35 op 70 €, no Recom-mandatioun vum Educatiounministère. Mä et ass eng Recommandatioun et ass keng Obligation an dat weist wéi eng Symbolik hannert deenen Taxenerhéijunge stoe kann. An déi 70 € sinn eng Entrave, menge mer, eng Entrave dofir datt Leit wëlle létzebuergesch léieren an et ass am Géigesaz zu deem wat op engem aneren Niveau vun der Gemeng d'Integratiounspolitik wèles huet. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Baum. Ech hunn elo zwou Riednermeldungen, d'Madame Bofferding an d'Madame Hildgen.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci, Kolleginnen a Kollegen, besonnesch Kolleg Zwally. Dir hutt gesot, dass d'CSV sech schwéier deet mat Erhéijunge vun den Taxen. Da géif ech lech mol roden Ärem Parteikolleg Frieden dat mat ze ginn, well deen ass jo awer amgaange ganz massiv de Leit an d'Täsch ze gräifen an eist Land praktesch futti ze spueren.

Bon, wa vun Erhéijung vun Taxeregelun-ge riets geet, dann erhëtze sech ganz séier d'Gemidder. Dat hu mer jo elo hei gemierkt. Deen een oder anere kritt Kribbelen an de Bauch, well hie fäert, dass e méi staark belaascht gëtt. Et stëmmt, dass d'Gebühren an d'Luucht ginn an awer ass sech d'Gemeng Esch hirer sozia-ler Verantwortung bewosst an d'Taxere-gelung sou èmzesetzen, dass se hir Bier-gerinnen a Bierger net ze vill belaascht. Ech wëll hei ganz kloer ènnersträichen, dass sech d'Gemeng net u kommunalen Ofgabe beräichert. D'Gemeng verdéngt sech duerch Präiserhéijunge bei Déngschtleeschung bestëmmt keng gëllen Nues. Dat ass einfach eng falsch Interpretatioun. Eis Gemeng soll ee jo wéi e modernen Déngschtleeschungsbetreib konsideréieren. D'Leit gi bei der Escher Gemeng behandelt wéi e Client, also net just wéi en Awunner, an do soll een och d'accord sinn, dass déi Déngschtleesch-tungen hire Präis hunn. D'Servicer hunn e Wäert. Do sti Leit hannert den Déngschtleeschungen an déi Aarbecht soll honoréiert ginn. An et soll een och net vergiessen, dass d'Gemeng mat den heitege Gegebenheiten èmmer méi gefuerert ass, Hëllefstellung a Servicer unzebidden.

Wichteg a ganz positiv fannen ech, dass mir eng Taxeregelung maache wou wéi Escher Veräiner ganz kloer privilegiert ginn. An ech fannen et schued, dass dat am Fong hei an der Diskussioun ènner

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

geet. Mir hunn iwwer 300 vielfältig Veräiner hei an eiser Gemeng an do stinn eis Servicer a punkto Logistik, Begleidung, Berodung, de Veräiner zur Säit an och déi Aarbecht soll honoréiert ginn.

Bei deem ganze Gejéimers hei wëll ech awer mol e positivt Beispill nennen. Well ech selwer ganz vill mam Bus hei duerch Esch fueren, fannen ech et flott, dass mer e Joresabo aféieren a wou ech mat de Leit geschwat hinn, sinn déi och ganz fru driwwer, well d'Joresabo ass ganz rentabel fir déi Leit déi dat wäerten notzen. An ech sinn och iwwerzeegt, dass mer ganz vill Leit domatter wäerten e Gefale maachen.

Ech fannen et och flott, dass hei un déi jonk Leit geduecht ginn ass. Allerdéngs fannen ech et schued, dass d'Alterslimit bei 18 Joer ugesat ginn ass. Hei hätt ee vläicht nach 1, 2 Joer oder 3 Joer drunhänken, well déi mannsten awer mat 18 Joer mam Lycée färdegt sinn, respektiv hätt een och hei kéinten nach vläicht un déi Jonk déi an enger Léier sinn, denken. Mä soit, dat kann ee jo nach vläicht eng Kéier adaptéieren.

Ech wëll mech just ganz kuerz halen an ech fannen et wierklech schued, wann ech hei verschidde Riedner muss nolauscheren, zemools dem Här Bernard, Dir schwätzt hei vu Bréissel. Ech war dës Woch zu Bréissel, Dir hätt jo kéinte gäre laanscht kommen. Ech hätt gär gesi wéi Dir da gewollt hätt do, dass mir als Escher Gemeng solle virun der Kommissioune do e Streik organiséieren..."

Zénon Bernard (KPL): „Maacht dass Dir lech némme net wiert. Do sidd Dir bekannt dofir. lech ni ze wieren.“

Taina Bofferding (LSAP): „Oh, Här Bernard, Dir sidd en agefleeschte Macho. Awer definitiv. Domat halen ech op. Merci.“

Zénon Bernard (KPL): „Do sidd Dir ganz gutt dran, lech net ze wieren. Ganz gutt!“
(Allgemeng Diskussioun)

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Madame Bofferding. Dann huet d'Madame Hildgen d'Wuert.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mir mussen allegueren e bësselchen erofkommen. Ech menge dat Ganzt huet sech elo e bësselchen héich gespiltt an elo sinn hei Aussoe gemaach ginn, déi eigentlech an engem Gemengerot net

däerfte gemaach ginn, wou sofort hätt missten agegraff ginn an ze soen, hei net, wann ech gelift, mat deenen Titulatiounen hei fir d'Leit ze tituléieren, do sinn ech net d'accord.

Ech kommen op dat zréck wat d'Madame Bofferding elo gesot huet a si huet vum Här Frieden geschwat dee massiv amgaang ass, eisen aktuelle Finanzminister, fir de Leit an d'Täsch ze gräifen.

An do stellen ech mer dës Fro: Sidd Dir net mat an der Koalitioun? Dir sidd jo mat an der Regierung. Ok, ok, stellt lech selwer déi Fro an Dir wësst ganz genee, datt ech domat Recht hinn. Dat zweet ass, wann Dir net d'accord sidd, wat fir de Moment uewe vun der Regierung kënnt, doduerch datt de Leit elo an d'Täsch geograff gëtt, ma dat ass ganz einfach, Dir appreциéiert dat jo net, ma da maacht keng Taxenerhéitung. Da gitt Dir mam gudde Beispill vir an dann hutt Dir deene bewisen, datt Dir ganz eppes anescht kënnt maache wéi dat wat elo grad, wou d'Leit attaquéiert gi sinn. Dat ass eng ganz einfach Léisung.

Awer vue datt ech e Mensch sinn dee ganz terre à terre ass, ech hunn dat Ganzt hei duerchgekuckt, an do si verschidde Saachen opgefall. Dat eent ass, datt d'Taxen 2 €, 5 € déi kleng Taxen, erém agefouert gi sinn an dat ass jo ganz genee 10 Joer, do ass hei gesot ginn, mir schafen déi Taxen of. Well mir sinn eng sozial engagéiert Gemeng. Wann d'Leit kommen an de Guichet a si mussen 2 respektiv 5 € bezuelen, do ass den Opwand fir dat anzedreiwen, vill méi grouss wéi dat wat de Rendement ass an do ass dat ofgeschaافت ginn. Deemools ware mir net d'accord, datt mir gesot hinn, firwat schaافت Dir eppes vun elo schonn esou laang gelaf ass, wou d'Leit et akzeptéiert haten, wou d'Leit automatesch fonnt hinn. Elo gëtt dat Ganzt erém agefouert an ech ka mer virstellen, datt dat dee Moment fir d'Leit awer e bësselchen irritéierend ass, fir ze soen, et ass ofgeschaافت ginn. Quitt datt d'Leit vläicht net méi esou laang denke wat virun 10 Joer war, mä ech weess et awer nach ganz genee, an elo gëtt dat erém agefouert. Ok, dat ass mir e Problem wéi Dir dat aféiert a wéi et ass fir d'Leit fir dat anzedreiwen. Op dës Kéier awer den Opwand dat rechtfärdegt, ech mengen dat muss Dir herno gesinn.

Awer elo eppes ganz Konkretes. Ech komme bei d'Mariagen an d'Partenariaten. Deemools huet d'Madame Buergermeeschter, an ech zitéieren, gesot: „Mir féieren elo an, datt mir hei gratis e Patt offréiere wann d'Leit sech bestueden - respektiv wa se, vu Partenariat ass déi Zäit nach guer net geschwat ginn - well et

sinn émmer méi Leit déi sech net méi an der Kierch bestueden, déi op d'Gemeng kommen an dat soll e würdegt Fest ginn a mir wëllen do bäidroe fir datt d'Leit do e bësselche méi accueillant fanne fir heihinner ze kommen. Mir offréieren elo gratis de Patt.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dat war eng richteg Décisioun.“

Annette Hildgen (CSV): „Dat war och richteg, bon d'accord. Mä wat Dir net beduecht hutt a wat keen och vläicht kee konnt wëssen, dat Ganzt huet ausgeufert. Do sinn net nämlech 10 Leit komm, et si keng 20 komm, et sinn der 50 komm op eemol, 75. Do si Mariage mat 100, do si Mariage mat 125 an dat huet némmen esou gefluppt. Dat konnt jo net goen. Elo gëtt hei gesot, bon d'accord, vun der 26. Persoun un bezuelt jiddweree pro Persoun 2 € méi. Dat ass alles schéin a gutt. An déi Fro déi ech lech elo stellen, wann dat elo verschidde Leit ze vill gëtt, wier et méiglech iwverhaapt datt Dir drun denkt, datt déi Leit hiert Gedréunks selwer matbréng? Dat war meng Fro. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Madame Hildgen. Ech mengen den nächsten agedroene Riedner ass den Här Codello elo. Jo, Här Codello, Dir hutt d'Wuert.“

Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Also ech hu mer elo déi ganzen Zäit d'Fro gestallt wéi wier déi Diskussioun eigentlech gewierscht wa mer u grondleeënd Taxenerhéijungen hei gaange wieren? Da wier deen Tollé jo nach méi grouss ginn. Ech wëll awer den Här Baum felicitéieren, well den Här Baum ass mengen ech, wann ech richteg an ech hu wierklech ganz gutt nogelauschtet, an den Här Zwally, dat sinn awer bis elo déi eenzeg Riedner déi zum Sujet geschwat hinn.

Den Här Bernard, dee jo awer e fréieren Enseignant ass, huet senger Zäit bestëmmt joerelaang émmer eng Datz gi well seng Schüler géint de Sujet geschriwwen hinn. Et wier gutt wann den Här Bernard elo géing nolauscheren, wann ech gelift.

Wëss Dir, Här Bernard, Dir als fréieren Enseignant hutt jo bestëmmt émmer Datzen ausgedeelt wann Är Schüler laanscht de Sujet geschriwwen hinn. Bon, mir hunn hei keng Datzen auszedeelen, mä ech mengen...“

Zénon Bernard (KPL): „Gott sei Dank hat ech lech net an der Klass.“

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

Daniel Codello (LSAP): „Mä Är Kontribuutioun haut huet mir just eppes gewisen: Dir hutt et a manner wéi 12 Méint fäerde bruecht, datt ech net méi deen eenzege sinn dee Grimasse schneit wann Dir d'Wuert hei huelt am Conseil. Dat hutt Dir fäerde bruecht.“

Zénon Bernard (KPL): „Dat stéiert mech awer net.“

Daniel Codello (LSAP): „Well esou dergéint, esou contrairement zu engem Sujet ze schwätzte wéi haut, dat hunn ech laang, ech mengen dat hunn ech hei am Haus nach net héieren. Bon, ech wëll dat och onbemierkt loessen.

Dann nach eng Bemierung zu der Madame Hildgen. Mä, d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger si frou, datt mir mat an däi Koalitioun do sinn. Gleeft mer dat. Well wa mir net do géinge sétzen, da géing dee Spuerpak deen den Här Frieden, deen éischte Spuerpak schonn, da géing dee ganz anescht ausgesinn. Dann hätt dee ganz anescht ausgesinn. Duerfir si mer frou dass mir an der Regierung si fir lech do awer och kënnent ze weise wou Stopp gesot gëtt fir de Sozialofbau hei ze bedreiwen. Dofir mir sti ganz kloer dozou, datt mir an däi Koalitioun sinn an datt mer do si fir lech bis 2014 ze weisen, datt déi dote liberal Politik déi d'CSV wëll maachen, net mat eis geet. An ech hoffen, datt 2014 de Wieler schwätz, datt mer och erém dobäi si, mat weem wësse mer elo nach, mä mir kënnen lech soen, dat do Argument geet net.

Mir maachen zénter 2009 eng gesond Politik, mir maache keng Oppositioun, mir weisen lech dass net alles geet. An an engen Koalitioun ass dat esou.

An dann Är, natierlech Är hypokritesch Haltung déi jo och schonn den Här Baum hei am Zitat vum Premier ervirbruecht hutt, déi Dir och elo bruecht hutt, de Gemengen émmer méi Missiounen opzeerleeën, awer dann zum selwechte Moment ze soen, Dir däerft Är Prix administrés net an d'Luucht hiewen. Also dat ass Hypocrisie pur an esou kann et op eng laang Vue net goen. Dofir, Madame Hildgen, dat doten Argument, mir géinge mat an der Koalitioun sétzen, dat wësse mir ganz gutt. A mir beobachten dat och ganz schaarf a mir sinn och e kritesche Member vun däi Koalitioun a weisen, datt net alles geet.

Här Zwally, déi Task force déi Dir ugeschwat hutt, déi schafft. Déi schafft permanent. An och dat heiten Dokument wat haut hei virläit, dat ass e Resultat vun däi Task force a vun de sämtlechen Departementer déi hei zesumme

geschafft hu fir eppes heihinner ze leeë wat eng Adaptatioun vu verschiddenen Taxen ugeet. Dofir, vu Chaos ze schwätzen, weess ech och net wou deen hierkënnnt. Natierlech kann een émmer eng verschidde Logik ubréng. D'Logik vun de soziale Parameter déi den Här Baum ubruecht huet, déi hu mir hei als Majoritéit bewisen. D'Sozialparameter hu mer ugewarnt bei de Konsumtaxe fir Grondbedierfniesser.

(Zwëscheruff vum Här Baum)

Ech froe mech wéi e Sozialparameter soll uwenden, wann eng Majoritéit vun Taxen déi awer hei an deem Dokument sinn, wat eigentlech einfach némme eppes ass wou gesot ginn ass, mir ginn Déngschtleeschungen. Dir hutt et richtig gesot. Eng Gemeng ass hautdesdaags och en Déngschtleeschungsbetrib an et ass dach net méi wéi normal, datt aus deenen all Mehrkäschten déi enger Gemeng doduerch entsteet, dass do en Obolus gefrot gëtt. An dann och déi falsch Interpretatioun téshent Residenten an Non Residenten. Datt den Non Resident dat duebelt misst bezuelen. Nee, et ass émgedréint de Fall. De Resident bezilt némme d'Halschent. Et ass net dass den Non Resident dat duebelt bezilt.

Et ass eng proaktiv Haltung. De Resident bezilt némme d'Halschent. Jo, Dir kënnnt elo laachen driwwer, mä dat ass awer d'Interpretatioun. Dat ass awer d'Interpretatioun. De ganze Problem ass jo, an dee kënnnt scho vill méi laang hir, dat ass dass aus de Missions facultatives vun de Gemengen...

Zénon Bernard (KPL): „An der Matematik kritt Dir eng Datz!“

Daniel Codello (LSAP): „Här Bernard, also wësst Dir, also déi éischt Null hutt Dir jo haut op den Tepech bruecht, dat muss Dir jo awer kënnen zougestoэн. (Zwëscheruff vum Här Bernard)

Et ass gutt, dass äre Mikro net un ass.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Loosst een deen anere schwätzte wann ech gelift. Här Bernard, Dir wollt och net énnerbrach ginn d'éinescht, da loosst och den Här Codello schwätzten.“

Zénon Bernard (KPL): „Jo, ech weess dat. Hien huet d'Leit awer émmer énnerbrach. Do hutt Dir náischt gesot.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Oh, dach.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Et ass jo kloer, en ass an der Majoritéit.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Ech soen et zu jiddwerengem deen déi aner déi ganzen Zäiten énnerbrécht. Och dem Här Codello. An elo huet den Här Codello d'Wuert an net Dir.“

Daniel Codello (LSAP): „Wann dat vläicht d'Oppositioun nach interessiéiert, wat d'Mission facultative a Mission obligatoire vun enger Gemeng sinn, ech wéisst et net, well dat gehéiert nämlech zum Sujet, Här Bernard. An der Mentalitéit vun de Biergerinnen a Bierger si vill faktutativ Missioune vun enger Gemeng – an do schwätzten ech am allgemengen, net némme fir hei an Esch – sinn am Kapp zu Missions obligatoires ginn. An dat ass awer net de Fall. Et kommen émmer méi Missiounen op d'Gemeng duer. Leider vu Regierungssäit, och däi obligatorescher, déi de Spillraum, de finanzielle Spillraum vun all Gemeng émmer méi kleng gi loessen. Ech mengen, wa mer hei Parameter sollen opsetzen, da musse mer awer mol kucken, an Dir hutt och op d'Sozialresponsabilitéit vun enger Gemeng higewisen, wat wier dann den Entréespräis vun engem Theater a vun enger Schwämm, wa mer do mol eng Kéier missten de Käschtendekningsprinzip uwenden. Also eng Gemeng huet eng sozial Vocation a mécht dat och am Alldag. Mä et ass awer net méi wéi normal, datt mer hei elo Upassungen oder Taxen aféiere wou mer Associatiounen, wierklech en Obolus froen. Well wann och eng Fiche financière feelt, Här Baum, déi doudsécher no kënnnt, also et ass wéi meng Kollegin gesot huet, mat deenen heiten Taxen, maache mir op Recettésait elo net e grousse Sprong. Mä et ass awer fir ze weisen och, d'Gemeng mécht eng Déngschtleeschung un Associatiounen an et kann náischt fir náischt ginn. Dat ass de Prinzip vun deem heiten. Ech hu mer geduecht, datt dat heite manner kontrovers géing iwwert d'Bühn goen, well ech stelle mer da wierklech mol vir, wa mer da wierklech eng Kéier u serieux Taxenerhéjunge géinge goen, da froen ech mech wéi dann awer d'Oppositioun hei reagéiert. Wann Dir natierlech wëllt lech de schéine Männer bei den Associatiounen maachen, da gitt Dir un náischt. Da sot Dir, et ass gutt, jiddweree kritt alles hei fir náischt. Oder Dir bréngt den eegene Wäin da mat an d'Gemeng, wat och eng farfelue Propositioun ass. Wann Dir lech iwwerall wëllt de schéine Männer maachen, mä dat ass d'Spill vun der Oppositioun sech de schéine Männer ze maachen an d'Majoritéit hëlt d'Décisiounen déi et derwäert si geholl ze ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Codello an all anere Virriedner. Ech mengen et ass elo kee méi agedroen. Ech wéilt da kuerz op déi Froen agoen déi gestallt gi sinn, oder déi Remarquen déi gemaach gi sinn.

Fir d'éischt mol den d'CSV Spriecher, Dir sidd do an engem groussen lertum wann Dir mengt déi Task force déi mir hei agefouert hunn am Zesummenhang mat der Budgets- a Finanzpolitik vun der Stad Esch, wier net am Asaz. Dat ass e permanente Gremium deen am Asaz ass. Deen énner anerem sech dofir asetzt, dass Dir all 3 Méint, esou wéi mir eis deemools am Gemengerot engagéiert hunn, eng komplett transparent a komplett émfaassend Zesummeafassung vun eiser Situation financière et budgétaire hutt a kritt. An déi Task force war och agebonnen an déi ganz Opstellung vun den Taxen.

Dir hutt och gesot, d'Kommissioune hätte kennen oder missten do zesumme geruff ginn. De Schäfferot rifft keng eng Kommissioune an. D'Kommissioune sinn autonom an ech géing soen, do war et virbildlech wéi d'Finanzkommissioune dat gemaach huet. Si huet Eegeninitiativ geholl. Si huet de Buergermeeschter invitíert an d'Kommissioune an all Ressortschäffen, an ech menge si waren zu enger ganzer Dosen do fir déi ze invitíere fir also souwuel den techneschen Informationssstand um Maximum ze hunn, also all Eenzelne vun de Servicer kennen ze froen no wéi enge Critères déi Taxen ausgerechent gi sinn an och de politesch Responsabelen dee muss kennen op Froen äntwere vun enger Kommissioune. An et war all Kommissioune fräi fir sech ze autosaiséieren an eleng oder als Jointen, mat weem se och wéll, eng Kommissiouunsetzung iwwer dës Taxen ze machen. An ech wier ganz gären dohinner komm an all Ressortschäffen wier och ganz gären dohinner komm an dat ass net geschitt.

Zu där ganzer Fro ronderém d'Philosophie an d'Methodologie, also do waren der jo eng ganz Rëtsch déi hunn dat zum Pretext geholl fir net Aussoen zum Inhalt vun dësem Dokument ze maachen. Mä do soen ech herno nach eppes.

Dann ass et dem communistesche Vertreider säit gutt Recht natierlech, fir déi heiten Debatt an en nationale Kontext ze setzen, an en europäesche Kontext ze setzen an an e weltleche Kontext ze setzen. Mir hunn eis hei vu kenger nationaler, internationaler oder och Bréisseler Instanz énner Drock gesat gespüert an dofir kenne mir dat och net novollzéie wat Dir do gesot hutt. Ëmsou méi well et net a Relation directe zu deem war wat mir haut ofzestëmmen hunn.

De Prinzip vun engem Private Public Partnership ass en interessante Prinzip an och eng Zukunftsformule. Allerdéngs heescht PPP – genee wéi Parking résidentiel net heescht, dass eng Parkplaz dobäi kënnt; et ass d'Gestioun vum Parkplazmanagement – genee esou heescht och PPP net, dass op eemol keng Käschte méi ufalen. De Projet deen ee realiséiert huet, bréngt déi nämlech Käschten, mä et ass en anere Käschtemanagement an eng aner Opdeeler. An ech soen lech hei nach eng Kéier, et ass schonn e puer mol gesot ginn, wa mer hei geschwat hu vun eise Parkingen, wa mir net déi dote Modeller gewielt hätten, hätte mir haut keng Parkingen do stoen am Zentrum vun Esch, a wa mir keng Parkinge stoen hätten am Zentrum vun Esch, da géing ech lech réischt gären héiere wéi mer eis Missione verfeelt hätte vis-à-vis vun eisen Escher Leit a vis-à-vis vun alle Leit déi wëlle bei eis op Esch kommen.

Et kann een natierlech, wéi den Här Baum, eenzel Saachen eraushuelen. An dësem Fall huet hie vun de Cours de langue geschwat, wou d'Regierung beméit ass en eenheetlechen Tarif ze recommandéieren deen och d'Gemen gen applizéieren, fir dass ee wierklech am ganze Land déi nämlech Leeschtinge fir deen nämlechte Práis ka créien. Et stourgen iwwregens och nach aner Saachen do dra wéi just déi Recommandatiounen ronderém d'Práisser. Et gouf och eng inhaltech Komponent an ech hunn déi Remarque bei anere Saache gemaach déi hei gesot gi sinn, zum Beispill am Zesummenhang mat der Waldschoul: Wa mir eng novollzéibar an transparent Käschten- a Práispolitik bedreiwen, da musse mir och parallel eng novollzéibar Politik bedreiwe wéi mer dann och déi Leeschting bréngent déi un deene Käschten hänkt. An dat ass ganz einfach esou, an do kommen ech och herno nach ganz kuerz drop zréck.

D'Madame Bofferding huet ganz präzis Remarquen zum Dokument gemaach an och dat an de richtege Kontext gesat an och déi Beméiungen ervirgestrach déi ware fir deen, virun allem deene Jonken an och de Studenten entgéint ze kommen. Ech géing do an deem Zesummenhang nach eng Kéier op den CSV Spriecher zéréckkommen, wou ech net verstannen hu wat mat deene Bonifications étudiantes do gemengt ass. Alles wou mir en vue vun der Uni, déi an zwee Joer hir Die ren opmécht, de Studente wëllen entgéint kommen, wéi elo dee rezenten Student welcome package oder wéi och déi Ännérungen déi mer gemaach hunn un eisem Bautereglement wat dann d'Démarche vun de Privatleit facilitéiert fir

Deeler vun hirem Haus fir Studentewun nungen ze amenagéieren oder och eis Kulturkaarten déi mer hunn, a facilitéiert Accèsen zu all eise Kulturetablissementer. Dat fénnt ee jo net erém an deem heiten Dokument. Mä mir maachen do de Maximum a wann Dir do zousätzlech Iddeeën hutt, da si se wëllkomm an da solle se och do afléisse wou se higehéieren. Also, mir wëlle wierklech de Maximum maachen a wann hei gutt Ideeë kommen, dann huele mer se mat op de Wee. An ech mengen net, dass an iergendenger Form an dësem Reglement eppes dran ass wat à l'encontre vun deem Accueil ass, dee mir de Studenten hei zu Esch wëlle bereeden.

D'Madame Hildgen huet hei sech virun allem ausgelooss iwwert déi Formule déi mer hu fir Hochzäiten a Partenariater. Mir mengen an deem Zesummenhang net, dass et eng gutt Idee ass, fir dass ee sain eegent Gedrénk soll matbréngen. Eischtens géing et en onheemlechen Duerchernee ginn, well se géinge jo net soen, hei mir bréngen eist eegent Gedrénk mat fir all. Si géinge soen, ma gitt Dir eis fir déi éischt 25 gitt Dir eis Äert a fir déi nächst 25 huele mir dann eist. Wat géing dat fir e Kuddelmuddel ginn an dat ännert och iwwregens guer násicht dorunner, dass eist Personal muss present sinn. Dass mir dat Ganzt müssen encadréieren. Dass mir dat Ganzt musse begleeden, dass dat Ganzt fir eis e Käschtepunkt huet, an dass dat Ganzt och muss énnert der Tutelle, énnert dem iwwregens ganz perfekte Contrôle vun eisem Staff hei vum éischte Stack läit. Et ass wahrscheinlech gutt geduecht, wéi déi meesch Proposéen déi Dir hei maacht, vun enger eedeler Gondaltung ausginn, mä et ass awer, mengen ech, keng gutt Idee an och an der Praxis net novollzéi bar.

Ech ka mech ganz gutt un 2000 erënneren, well dat war och déi nämlech Zäit wou mer den Iwwergang gemaach hu vum Létzebuerger Frang zum Euro. An do ware mer virun allem beméit, an dofir sidd Dir och do am lertum, do ware mer virun allem beméit, déi ganz kleng – an et gouf der ganz vill, ech géing soen no bei 100, et gouf der ganz vill déi, bon ech wéll elo net iwwerhieflech sinn, mä dat klengt Geräbbels wat mer de Leit gefrot hunn, 6 Frang oder 12 oder 15 Frang déi mer deemools gefrot hunn, déi sinn all ofgeschaft ginn. An déi déi hei énner abrogé stinn, dat war 2006, an do hu mer deemools gesot wéi mer se of geschaft hunn, mer géingen awer kucken ob net den administrativen Opwand et net erém géing jugéiere fir se anzeféieren. Dat heescht, do hutt Dir déi Téschen-

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales

etapp awer an Ären Iwwerleeuungen net mat erageholl. Déri muss een awer mat eranhuelen, well all dat wat mer deemoos ofgeschaافت hinn, dat ass nach èmmer ofgeschaافت a mer denken net am Dram dru fir dat erém anzeféieren. Dat wär wierklech net am Zesummenhang mat dár Réforme administrative a Simplification des procédures administratives déi mir wëlle maachen.

Ech wëll awer ofschléissend, well ech mengen, dass vläicht deen een oder anere vum Schäfferot nach e puer méi pointiert Remarqué wëll maachen zu deenen eng oder anere Froen. Mir sinn hei geleet vun enger Grondphilosophie. An déi Grondphilosophie déi bestëmmt och déi Logik, déi Methodologie déi mir appliziéiere fir déi eenzel Démarchen ze maachen, och a finanzieller Hinsicht an och wann et èm Upassunge geet déi eben net esou dankbar si wéi déi déi mer haut maachen. An dat ass dräierlee oder véiererlee. Dräierlee. Éischtens, et ass den Déngscht um Bierger. Mir si geleet, an dat ass eis Haaptdaseinsberechtigung, mir sinn als Gemengeerponsabel dofir do, fir en Déngscht um Bierger ze leeschten. Da si mer och ugehalen – a mer kréien iwwregens soss och keen Accord vun deene staatlechen Instanzen déi dofir do si fir dat ze préiwen – si mir ugehale fir e permanenten Equilibre financier ze hinn an e finanzielle Spillraum ze assuréieren, fir dass mir deen Déngscht um Bierger kënne garantéieren. Dofir si mir net némme gewielt, mä dat ass eis Obligation, eis Haaptcontrainte déi mir hinn als Acteuren an als politesch Responsabel. An da kommen dobäi, an dat ass hei och scho vum Här Codello op eng ganz flott Aart a Weis gesot ginn, da si mir ugehalen, fir déi Missiounen, déi d'Gesetz eis obligéiert, plus déi Missiounen déi mir hei am Gemengerot définieren als déi déi bei eis passen, bei eis Gemeng, fir déi Missiounen déi am Gesetz stinn an déi dorriwwer erausginn, fir déi ze erfëllen. Dat sinn eis Haaptsachen un déi mir eis ze halen hinn an da kënnt eppes dobäi an dat huet d'Madame Bofferding gesot, an ech wëll dat hei och opgräifen, da kënnt eppes dobäi an dat war ganz richteg. Déri Déngscht-leeschungen déi mir maachen, deen Déngscht dee mir um Bierger hinn, deen hänkt u ganz ville Saachen. Deen hänkt un engem gutt motivéierte Personal. Dee hänkt u Formatioun. Deen hänkt un der Aart a Weis wéi déi Aarbecht hei geleesch gëtt. An déi Déngscht-leeschung déi hei gemaach gëtt vun eise Leit, a mir hu Chance, well mir hinn immens gutt Leit hei an der Gemeng, déi Déngscht-leeschung déi huet e Präis an déi Déngscht-

leeschung déi huet virun allem och e Wäert. An dee Wäert, dee muss vun eiser Sait aus esou wäit wéi méiglech maximiséiert ginn, well eis Leit müssen encadréiert gi fir hir Aarbecht kënnen uerdentlech ze maachen an dat hu mer jo all Kéiers hei an der Diskussioun am Budget, well mir hinn en enormen Deel vun eisem Budget deen affectéiert gëtt fir eis Leit op eng propper Aart a Weis ze encadréieren a mir hinn och vill a mir hinn och gutt Leit déi dat verdéngen. An dat huet och e Wäert an dee Wäert ass net ze bezuelen.

Ech mengen eisen Infrastrukturschäffé wëll nach e puer Bemerkunge maachen, an den Här Huss an der Eegenschaft als ...

Schäffe Jean Huss (Déri Gréng): "Grénge Schäffen."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

"Ech wollt hien elo ukënnegen a sengem Ressort, dat bleift da säi Geheimnis."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

"Bon, ech mengen et ass hei wéineg iwwert de Contenu vun désem Taxereglement geschwat ginn, awer vill iwwert Nieweschauplätz an iwwert Taxen déi eigentlech haut net zur Diskussioun stoungen, énner anerem d'Parkraumbewirtschaftung. Ech mengen d'Parkraumbewirtschaftung ass, wéi bei villen anere Saachen hei ugedeit, huet een Zweck, an dat ass déi Käschtenneutralitéit fir den Escher Bierger ze errechen an net onbedéngt d'Käschtedeckung, Här Baum. D'Käschtenneutralitéit fir den Escher Bierger. A wann hei iwwert de ParKing Brill geschwat gëtt, da beweist dat datt mer deemoos richteg lounge fir mat désem unzefäken an deen aneren nozemmaachen, well deen hei ass elo regelméisseg voll an deen aneren dee gëtt och voll. Här Bernard, Dir hutt gesot mir wäre Landesmeeschter an den Taxen. Mä et geet eis an den Taxe wéi am Handball an am Fussball. Leider si mer do déi zweet. Do war Diddeleng Landesmeeschter ginn an an den Taxen, am Parken ass d'Stad Lëtzebuerg Landesmeeschter. Also ..."

Zénon Bernard (KPL): "Dat ass net wouer."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

"Oh, Här Bernard, da kuckt mol eng Kéier d'Detailer an dann..."

Zénon Bernard (KPL): "Ech kenne se."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

"Jo, ech och. Ech och. Mä bon, et ass an

der Rei. Dir kënnt jo mat Äre generelle plakativen Aussoen hei als Oppositoun duerfueren an Dir braucht se net ze beweisen.

Zur Taxe de chancellerie huet den Här Baum eppes gesot. Et muss ee soen, d'Taxe de chancellerie, virun allem déi am Etat civil ass net direkt un d'Citoyenneté eschoise gebonnen. D'Taxe de chancellerie beinhalt alles wat mam Etat civil ze dinn huet an et ass némmen eng Minoritéit, eng Minoritéit déi Escher Bierger sinn. Well all Gebuert déi hei stattfënnt, gëtt hei enregistréiert. All Décès deen am Spidol stattfënnt, gëtt hei enregistréiert. All Mariage muss an den Etat civil, ob et elo déi zwee Escher Bierger sinn oder némmen een Escher Bierger oder ob se eréisch Escher Bierger ginn duerno. Also et huet näisch mat der Citoyenneté eschoise ze dinn.

Et huet einfach eppes mat engem Prinzip ze dinn, dass en Acte d'état civil e Cachet officiel soll kréien an déi Taxe de chancellerie ass esou al wéi de Code civil ass. Also ass dat och net wouer.

Ech wollt der Madame Bofferding och eng Informatioun gi wat de Joeresabo um City-Bus Reseau fir déi Jonk ugeet. Mir hinn dee Joeresabo ganz prázis agefouert, fir dass déi Jonk, déi net an de Genoss komme vun enger Gratuité vun der Schoul oder vun enger Ausbildung, dass déi och eng Méiglechkeet hinn zu engem absolut reduzierte Präis den Escher Reseau kënnen ze benotzen, well si mussen am Besétz vun engem Titre de transport officiel sinn. Dat Joeresabo hei, souwuel fir déi Erwuesse wéi fir déi Jugendlech, gëtt en Titre de transport officiel deen unerkannt gëtt vu sämtlichen Operateuren, also net némme vum TICE, mä och vum RGTR a vun der CFL um Escher Reseau. An dofir hu mer deen agefouert fir all déi Jonk déi net an de Genoss kommen dovun, a vun 12 Joer u muss een en offiziellen Titre de transport hinn an deen ännert net méi, jee no Alter, an dat ass eigentlech d'Erklärung firwat dass mer dee gemaach hinn. A wann een et da kuckt, erof reduziéiert sinn et 2 € de Mount, also dat ass marginal, mä et gëtt deene Jonken iwwert dee Wee d'Méiglechkeet dat ze benotzen. A wa mer d'Hierstellungskäschte kucken, wat dann nach recht bleift fir d'Gemeng, dann ass dat net méi vill an duerfir hu mer dat och esou agefouert."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

"Villmoos Merci och fir déi Zousazremarquen an da kéinte mer zur Ofstëmmung kommen.

Oh Mamm, oh Mamm, de Grénge Schäffen."

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Ech wollt vläicht hei awer däitlech maache fir datt dat och kloer ass fir d'Journalisten, datt déi Gréng Fraktioun selbst-verständlech hannert deenen Taxenadaptatiounen steet. Mir haten am Virfeld – well et jo scho virum Summer hätt sollen diskutéiert ginn, et ass jo finallement elo eréischt op den Ordre du jour komm –drivwer diskutéiert, a mer hate gesot, mir géife mol ofwaarden, wat da Wesentleches u Kritike géife vun den Oppositiounsparteie kommen, a jee nodeem géife mer dann doropper reagéieren.

Vu datt aus eiser Vue net vill Wesentleches vun den Oppositiounsparteie komm ass, ass et evident, datt mir wäerten deenen Taxenadaptatiounen zoustëmmen. Éischtens, well mer et vernünfteg fannen, datt et zu Taxenadaptatiounen all puer Joer soll kommen. Dat ass evident an alle Gemengen esou. A wann d'Präisser doausse steigen, bezitt dat sech natierlech och op d'Käschte vun enger Gemeng. Dat ass dat eent. An zweetens handelt et sech hei ém esou bescheiden, wierklech vernünfteg a bescheiden Adaptatiounen vun den Taxen, datt do net dee geréngste Problem ass. Ech wollt dat awer hei nach eng Kéier däitlech maachen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Villmoools Merci eisen zwee Ressortschäffen och. An da kéinte mer zur Ofstëmmung kommen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte par 11 voix oui contre 7 voix non l'adaptation des taxes, tarifs et redevances communales.

Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss, Spautz et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Codello, Hansen, Kox, Weidig et Wohlfarth. Ont voté non, les conseillers Baum, Bernard, Goetz, Hildgen, Johanns, Maroldt et Zwally.

6. Adaptation des règlements-taxes pour Maisons Relais suite à la modification du règlement grand-ducal instituant le „chèque-service accueil”; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Sou, mir géingen da weiderfuere mat Punkt 6. Do gi mer an eis Maisons Relais fir eng Modifikatioun vun engem Reglement iwwert d'Chèques-services.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, dat kléngt elo e bësse gelunge well et direkt hñnert deenen Augmentatiounen hei kënnnt, mä Dir wësst dass den 21. Juli, oder Dir wësst net, e Règlement grand-ducal gestëmmt ginn ass an deen de Chèque-service accueil modifiér huet an dat huet eis dozou gezwongen, dass mir och eist Gemengereglement müssen adaptéieren. U sech bréngt et näisch Neits. Ech wollt lech awer eng Ännérung soen. Bis elo konnten d'Elteren d'Kanner umellen a si hu just dat bezuelt wou d'Kanner effektiv higaange sinn. Dat huet eis onlogesch geschéngt an duerfir hu mer décidiéert, dass d'Elteren do musse bezuele wou se d'Kanner och effektiv umellen. Well dat huet eis immens Plagi kascht, wou herno kee Kand war a wou mer aner Kanner hätte kënnne placéieren. An duerfir hu mer vun dësem Joer un décidiéert, dass d'Leit dat musse bezuele wou se effektiv hir Kanner umellen an dat erméiglecht eis op déi Manéier méi fräi Raim ze hunn a méi Kanner kënnnen unzehuelen.“

Dir gesitt, et sinn hei dräi Reglementer déi ze stëmmme sinn. Dat eent ass fir scolariséiert Kanner. Dat anert ass fir nach net scolariséiert Kanner an dat drëtt ass fir d'Ganzdaagsschoul, wat eng Taxe émmer à part huet, well d'Kanner do vu mueres 7 bis owes 7 kënnnen opgeholl ginn. A wann nach Froe sinn, stinn ech gär zur Verfügung an ech beäntwre se.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote. Ah, nee, den Här Baum wann ech gelift.“

Marc Baum (DÉI LÉNK): „Jo, Merci, Här Tonnar fir d'Explikatiounen. Et ass effektiv komesch, datt dése Punkt direkt no der Taxenaugmentatioun kënnnt, well am Fong ass et och eng Zort vun Taxenaugmentatioun déi zréckgeet op d'Deklaratioun vum Premier zur Lag vun der Natioun, wou hie gesot huet, datt grad wat d'Maisons Relais ugeet, méi eng grouss sozial Selektivitéit soll stattfannen an datt duerfir verschidde Chèques-services no uewe solldten ugepasst ginn. Elo ass et awer esou: éischtens ass d'Gemeng

via Konventiounen mam Ministère de la Famille am Fong un déi Augmentatioun, duerch dee Règlement grand-ducal gebonnen. D'Hann sinn eis gebonne fir am Fong do selwer wierklech aktiv ze ginn, ausser mer géifen all déi Konventionen vun engem Dag op deen aneren opkënnegen an da soen, mer maachen et selwer, wat en enorme finanziellen Opwand wier. Zweetens: Et ass awer esou, datt d'Chambre des Salariés virgerechent huet, datt dat wat 'sozial Selektivitéit' heescht, datt dat am Fong schonn ufankt bei klengen a moyene Revenuen déi ènnert dem Duerchschnëtt vum mëttleren Akommes hei zu Lëtzebuerg sinn. Si hñn e Beispill virgerechent, datt eng Famill mat 2 Kanner, wou se allen zweeten schaffen an zesummen dräi mol de Mindestloun hñn, dat heescht kleng Salairen, datt et fir déi Leit eng Augmentatioun pro Mount vun 125 € bedeit. An d'Chambre des Salariés huet an hirem Avis dee si ofginn huet als Konklusioun geschriwwen: «après la désindexation des prestations familiales et la suppression des allocations familiales pour les enfants des travailleurs frontaliers, âgés de plus de 18 ans et accomplissant des études, le projet de règlement grand-ducal sous avis est un pas supplémentaire sur le chemin de la dégradation des transferts sociaux aux familles à revenu moyen.»

Ech mengen dat ass ganz gutt resuméiert wouranner dat Reglement besteet, an dat ass och de Grond firwat mir eis als Lénk hei enthalte wäerten.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Baum. Si soss keng Wuertmeldungen do? Här Tonnar.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Nee, mir huellen Akt dovun, Här Baum. Ech si weder de Premier nach soss een, a Gott säi Dank, a mir musse mat deenen danzen déi mer offréiert kréien. Ech wëll awer just soen, dass déi do Montanten net ganz richteg sinn, well d'Augmentatioun geet eréischt u vu véier mol de Mindestloun an de Risque de pauvreté zum Beispill ass glächgestallt mam RMG, wat och nei ass an deem neie Reglement. An duerfir, et ass awer net alles elo méi negativ wéi virdrun.“

Ech géif lech bidden dat Reglement ze stëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal accepte par 10 voix oui et 3 abstentions l'adaptation des règlements-taxes pour Maisons Relais suite à la modification du règlement grand-ducal instituant le chèque-service accueil.

Ont voté oui, Madame le bourgmestre Mutsch, les échevins Hinterscheid, Huss et Tonnar ainsi que les conseillers Bofferding, Goetz, Hildgen, Kox, Weidig et Zwally. Les conseillers Baum, Bernard et Johanns se sont abstenus.

7. Convention de coopération pour la zone d'activités „Um Monkeler“; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Sou, da kommt mer fuere weider mam Punkt 7, dat ass eng Kooperatiounskonventioun ronderëm d'Zone d'activité Monkeler an den Här Hinterscheid stellt lech se vir.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. D'Zone d'activité Monkeler déi läit zwar vun dem opteschen Erkennungsbild op Escher Terrain, mä dat ass awer d'Entrée. 70% vum Monkeler leien op Schéfflenger Terrain.

Firwat ass et och vlaächt wichteg de Monkeler eng Kéier hei ervirzehiewen. Et sinn déi Entreprisen um Monkeler déi wierklich nach vill Gewerbesteier produzéieren, d'Zementswierk a vill klenger, entgéint der Meenung dass et d'Arcelor mat hire riesege Flächen ass déi Gewerbesteier produzéiert. Direkt fir Esch ass et awer hei éischter de Monkeler.

Déi Entrée vum Monkeler an deen Terrain, dat war e bësse vernaléisseg, well keen esou wousst, ween dann elo letztendlech zoustänneg wär. Op Grond vun Interventiounen, énner anerem vun dem Zementswierk, hu mer eis da mat deene Schéfflenger zesumme gesat a mer hu mat hinnen diskutéiert wéi mer dat kéinte regelen. Duerfir hu mer déi Convention de coopération elo gemaach, wou dann den Entretien vun däz Zone net némmen den Invest an de gréisseren Entretien, mä och den Entretien permanent wéi d'Botzen a wéi d'Salzen da geregelt ass, an zwar an engem Verhältnis 67 zu 33, wat genau de Proportiounen vum Terrain ent-

sprécht. An et gëtt eis eng Konventioun fir 5 Joer wou mer elo maachen. Mer schreiwen dann an enger éfftentlecher Soumissioun aus, fir dat erém eng Kéier alles an Uerdnung ze bréngen, dass dat flott an attrayant ass, dass souwuel den Eclairage public wéi d'Voirie an der Rei ass, an dass mer da regelméisseg dat botzen an énnerhalen. Dat gëtt da vun eisem Service technique als Esch gemaach, mä et gëtt an deem selwechte Schlüssel Schéffleng refacturéiert an domat ass dann och eng éwig Diskussioun, wat den Zoustand vun deem Zoning ugeet, fäerdege.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci fir dës Presentatioun. Den Här Kox huet d'Wuert gefrot.“

Martin Kox (DÉI GRÉNG):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Déser Kooperatiounskonventioun gi mer natierlech eis Zoustëmmung. An dësem Zesummenhang erlassen ech mir awer, op de Projet Asphaltfabrik um Monkeler e Wuert ze soen. Dee läit sécherlech op Schéfflenger Terrain. Och wann et net direkt mat déser Konventioun ze dinn huet, soll een awer ee Wuert dozou soen. An de Medien hutt Dir jo gesinn, hutt Dir héieren, dass d'Gemmeng Schéffleng en Avis négatif zu déser Fabrik ofginn huet. D'Kommodoprozedur ass elo ugelaſt. Mir sollen eis Schéfflenger Kollegen an hirer Argumentatioun awer trotzdem énnerstëtzten an zu gegebener Zäit och e politeschen Drock géint dat Virhaben ausüben. An ech géif de Schäfferot bidden, dee Projet enk ze suivéieren an och gegebenfalls dann och onbedéngt ze reagéieren.

Déi Fabrik huet nämlech och e staark negativen Impakt mat Kaméidi an Émweltbelaaschtung op eis Stad, besonesch de Lallenger Quartier deen direkt ugrenzt. Och d'ganz Stad bei Ostwand ass ebe mat Stépps a mat Kaméidi belaascht, well een effektiv och da bei schéinem Wieder wéi elo Smoggeföd d'oduerch natierlech nach méi hei am Zentrum erhéicht gëtt.

D'Nuisance vun enger solch Industrie hält nämlech net op der Gemenegrenz op. Kaméidi a Gerochsbelästegung betréfft eis Stad selwer an domat gëtt d'oduerch d'Schadstoffbelaaschtung an eiser Stad effektiv e ganz negativen Impakt ervirgeruff. Ech erënneren an deem Zesummenhang nämme ganz kuerz un d'Gasperecher Teerfabrik vu virun 20 Joer. Ech mengen, Asphalt ass als Nofolleq vum Teer, vum Godrong do, an ass sécherlech genau esou émweltbelaaschtend wéi och fréier déi Teerfabrik. An deem Zesummenhang soen ech Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Merci, Här Kox. Et sinn elo keng weider Wuertmeldungen. Wee wëll doropper äntwerfen? Den Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Jo, also eigentlech ass déi Ausso vum Här Kox sinn hei ze énnerstëtzzen, mä de Moment sinn déi Schéfflenger Kollege och nach um administrative Wee mat hirem Avis négatif, si hunn nach kee grousst politesch Signal gesat a mir kenne jo och hei éischter um politesche Plang se énnerstëtze wa si dat wënschen an dat wësse si och.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention de coopération précitée signée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la comme de Schiffange.

8. Adhésion au SIGI des communes de Koerich, Waldbillig et Schieren; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Sou, den nächste Punkt do geet et èm de SIGI. Do hu mer e Bréif kritt wou mer matgedeelt kritt hunn, dass de Comité sech unanime dofir ausgesprach huet fir d'Gemenge Käerch, Waldbëlleg a Schieren no den Dispositiounen vun de Statuten opzehuelen a mir sinn der Meenung, dass mir dat och ouni Problemer kenne validéieren als Escher Gemeng. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité de se prononcer pour l'adhésion

9. Devis et crédits spéciaux

des communes de Koerich, Waldbillig et Schieren au syndicat intercommunal de gestion informatique S.I.G.I..

9. Devis et crédits spéciaux: Travaux municipaux et Service scolaire; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „De Punkt 9, dat sinn eng kleng Zuel vun Devis et Crédits spéciaux, déi allegueren am bauleche Beräich leien an duerfir geet d'Wuert un de Ressortschäffen, den Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, beim éischten Dossier handelt et sech ém d'Casa d'Italia, wou et ém en Devis complémentaire vun 235.000 € geet. Dir wësst, dass mer d'Casa d'Italia Gebai kaaft hu fir dat kennen enger kultureller Notzung zou ze féieren. Nodeem dat italienesch Konsulat zougemaach huet, wat d'Casa d'Italia jo war, ass am Wanter direkt duerno leider d'Heizungsinstallatioun zum Deel geplazt. An den Heizunge si Réss opgetaucht an zousätzlech war et esou, datt déi Firma déi sech ém d'Heizungsinstallatioun këmmert, gesot huet, si wéissten net a si géife keng Garantie iwwerhueulen, well et en aalt Haus wär, wéi do d'Leitungen an der Mauer wieren. Dat heescht, de Risque vu Fuite wier ganz grouss an op Grond vun deene Faite ware mer der Meenung, datt et da méi sénnvoll wier déi gesamt Heizungsinstallatioun an deem Gebai ze erneieren. Dir hutt deen Devis complémentaire virleien. Dir hutt en éischten Deel, dee sech bezitt op déi bestehend Heizungsanlag an op d'Heizungsréier selwer. Dat sinn d'Aarbechten, fir déi total an d'Rei ze setzen an nei ze maachen. Doduerch muss natierlech d'Mauer opgerappt ginn an herno erëm eng Kéier zougemaach ginn. Dat ass den éischten Deel vun deem Devis.

En zweeten Deel ass d'Ventilatioun an deem grousse Sall, déi et erlabe soll, op där enger Säit frësch Loft an dee Sall eran ze bréngen, Ventilatioun, déi awer an engems dann awer och d'Fonction huet, fir zousätzlech zu Heizzwecker ze déngen. Dat heescht also engersäits frësch Loft ze hunn an op där anerer Säit awer zousätzlech Heizung wat fir dee Sall do natierlech sécher sénnvoll ass, besonnesch well Dir alleguerete wësst, datt do eis Harmonie do ass mat 120 Musikanter. Do gëtt Musek gemaach, an do ass natierlech kloer, datt déi Musek jo dann och émmer Geräischer mécht. Wann et awer elo am Summer beispillsweis immens waarm am Sall wier, da géifen

d'Musikanten natierlech kucke fir d'Fënssteren opzemaachen, an da kéint et natierlech e Problem si fir d'Noperen, déi ronderëm wunnen. Fir dat ze verhënneren, ass also déi Ventilatioun hei eng ganz positiv Léisung fir kennen däer Problematik entgéint ze wierken. Engersäits Frëschloftzufuhr, anersäits awer gläichzäiteg mat heizen am Sall. An dann ass et och nach esou, datt eis d'Harmonie gebieden huet, – dat ass dee leschte Posten do derbäi – eng metallesch Trap ze maache fir datt se net iwwert déi Haaptrap permanent musse goen, mä nach eng zousätzlech Trap ze maachen, dat ass dee leschte Punkt hei. An dann d'Honoraire vun de Bureaux d'études. Insgesamt mécht dat deen heiten Devis complémentaire, dee mer lech géife bidden ze stëmmen am Interêt vun der Harmonie municipale an am Interêt vun enger gudder Gestioun vun de Gebailechkeete selwer.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Zwou Wuertmeldungen, d'Madame Bofferding, den Här Zwally an d'Madame Hildgen. Voilà. Et ass un lech, Madame Bofferding.“

Taina Bofferding (LSAP): „Jo, Merci. Ech si frou hei aus dem Rapport vun der Finanzkommissioun ze liesen, dass mer sollten eng Conjointe maachen. Als Presidentin vun der Kulturkommissioun freet dat mech fir ebe fir eng Sitzung gemeinsam zesummen ze komme fir iwwert d'Casa Italia ze diskutéieren, well ech denken, dass et wichteg ass, dass mer e bësse méi Explikatiounen kréie wat d'Konzept ubelaangt, wat genau elo mat de Raimlechkeete soll geschéien, fir do elo wierklech eng richteg Idee ze hunn a fir och e bëssen nach kennen driwwer ze diskutéiere wou d'Aarbechte genau dru sinn, respektiv nach iwwert de Budget, wëll ech dann hei mengem Noper soen, dass ech et eng gutt Idee fannen als Kommissioun sécher wäert den 3. Oktober, ass et esou, dobäi sinn. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Madame Bofferding. Et ass dann um Här Zwally an duerno un der Madame Hildgen.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech denke wéi mir an der Finanzkommissioun iwwert deen heiten inhälteche Volet diskutéiert haten, do ass eis dann och opgefall, dass de Montant dee gebraucht gëtt fir d'Casa d'Italia eigentlech opdeen doten Niveau ze bréngen dee mer ganz einfach brauchen, fir dass iwwerhaapt mol d'Heizung geet, d'Fro einfach

gestallt, wéi ass d'Ausrichtung vun der Casa d'Italia? Wat gëtt do dra gemaach? Ech mengen, mir hu jo hei d'Diskussioun gehat, et war jo Presentatioun gemaach ginn am grousse Stil, wou jo gesot ginn ass, dass et zum Carré culturel géif gehéieren. Dat hu mer jo och approuvéiert. Mir waren och der Meenung, dass dat esou kéint goen. Allerdéngs, wann een op d'Substanz kuckt a wann een och kuckt wann een esou Devise virgeluecht kritt wéi deen heiten, dass et jo net dobäi bleift. An ofhängeg vun der Aktivitéit déi Dir do wëllt dra maachen, do ginn et jo da Saachen déi net beienee passen an et ass och dat, firwat dass mir als CSV an der Finanzkommissioun déi Remarque gemaach hunn. Mir wiere frou, wa mer eng Kéier géifen als Gemengerot d'Konzept virgestallt kréien, wat géif dra gemaach ginn? Wat fir eng Veräiner dass géifen dra kommen?

An da virun allem och e wichtegen, fir d'Diskussioun vun deem Finanzielle bääizebehalen, dass mol en Devis provisoire approximatif matgedeelt kréie wat dat Ganzt kascht. Mir kennen eis schlecht ufrënnen, an Dir wësst jo, dass ech all Kéiers hei intervenéieren, wann en Devis définitif do läit an op eemol komme mer dann no engem hallwe Joer oder no engem Joer mat zousätzlechen Devis supplémentaires. Mir hätte gären, dass dat eppes Globales bleibt, an dass een net ofweicht vun engem Devis esou wéi e sech am Ufank duergestallt huet. An dat ass och déi Saach, firwat dass mir astinn a mir sinn och der Meenung, dass et wichtig wier fir dat virgestallt ze kréien a schléissen eis dann och un un dat wat eis Virgängerin gesot huet.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Merci, Här Zwally. D'Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn am Fong geholl ganz konkret Froen erëm eng Kéier. Wéi mer alleguerete wëssen, ass en Deel vum Lycée Hubert Clément, deen ass elo aktiv vun der Rentrée un, op dem ale Lycée technique op der Victor Hugo Plaz. Déi ganz Plaz déi ass renovéiert ginn, déi ass nei amenagéiert ginn, déi huet eng ganz aner Dispositioun kritt, do si Busquie gemaach ginn. Dat Ganzt gesäßt sech ganz ganz flott un. Also dat muss ee soen, quitt datt et nach émmer net richteg klappt, datt awer esou vill Busse kommen, datt déi nach émmer an der Victor Hugo Strooss stinn, ech mengen...“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Wou ass de Lien zur Casa d'Italia?“

Annette Hildgen (CSV): „Nö, ech si scho weider.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Dir sidd virun ärer Zäit.“

Annette Hildgen (CSV): „Ech si scho weider. Jo, also esou wäit wéi ech gesinn...“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Also mir hunn aneschters wéi soss dee Punkt an der Presentatioun an an der Diskusioun gespléckt.“

Annette Hildgen (CSV): „Ah, da kann ech elo net weider fueren. Da schwätzen ech herno. Kee Problem.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Géing soen. Waren nach Wuertmeldung do? Also Dir musst net, Här Goetz.“

Marco Goetz (CSV): „Ech wollt just soen, wann een einfach dat esou liest do bei den Aarbechten, gouf dann do festgestallt datt d'Heizung, datt dat alles gefrueren ass no deem éische Wanter wou zougemaach ass. Dat klenkt esou lapidar, wéi wann een an d'Vakanz fiert vun eis am Wanter, dann dréit hie Suerg datt d'Heizung op engem gewëssenen Niveau ass, datt dat net geschitt. An hei steet dat esou, bon, et ass ebe geschitt an da musse mer elo do eng ganz nei Heizung maachen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Kléngt esou, et ass awer net esou, Här Goetz.“

Marco Goetz (CSV): „Jo, mä firwat steet et dann esou formuléiert do, datt een deen Androck kéint hunn? Also et ass eng Saach vun der Duerstellung. Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Gutt. Majo, dann äntwert den Här Huss an da maache mer och separat Voten, dat hu mer zwar soss net gemaach, mä da maache mer dat eben dës Kéier och esou.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Also hei an dësem Dossier ass et effektiv esou: Wann Dir eng eeler Immobilie kaift, an dat hei war jo eng eeler Immobilie, da versicht Dir natierlech ze kucken, e sénnoville Präis fir esou eng Immobilie ze hunn. Wat Dir awer ni kënnt ausschléissen, dat ass dat, wat hannert Mauere leeft, nämlech d'Leitungen, do kennen émmer Saache virkommen, wann déi 30, 40 Joer installéiert sinn oder méi, jee nodeem, dat kënnt Dir am Viraus net

wéssen. Do kann et émmer zu Imprévue kommen. Wéi déi hei festgestallt gi sinn, huet sech d'Fro gestallt, maache mer dann elo just punktuell eppes aneschters oder gi mer do net méi global hin, besonnesch och, well d'Heizungsinstallateuren eis gesot hunn, mer wéssen iwwerhaapt net, wéi laang datt dat doten nach hält? An do ass d'Décisioun geholl ginn, ma da komm mer maachen dat Ganzt komplett nei. Da si mer total ofgeséchert fir d'Zukunft.

Da gëtt et nach déi zweet Fro, déi Fro, wat elo déi kulturell, dee kulturellen Aspekt hei ubelaangt, do kann ech némmo soen, datt ech et ganz positiv fannen, datt an enger gemeinsamer Sitzung d'nächst Woch déi Saache solle mat der Kulturkommissioun diskutéiert ginn.

Daniel Codello (LSAP): „Mat der Bauten.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Och mat de Bauten, ok, gutt, da musse mer dat organiséieren. Dat ass kee Problem. Wéini ass déi Sitzung? Bon, da ginn déi Saachen dann insgesamt do diskutéiert an dann, huelen ech un, datt dann och vum Kulturschäffen déi néideg Explikatiounen do kënne geliwwert ginn.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Villmoors Merci fir dës Explikatioun an da maache mer elo déi Deelofstëmmung vun deem heite Punkt.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Boferding – M. Daniel
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.
Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth –
M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix le devis complémentaire pour le Centre Sociétaire Consulat d'Italie.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Dann ass deen zweete Punkt hei vun dësen Devisen. An der Press ware jo schonn Informationen doriwver, an do geet et ém déi Fontainen, déi Sprangbier, déi mer hei zu Esch hunn. Dat si jo eng ganz Partie op énner-schiddleche Plazzen, déi eng gewëssen Zäit laang net fonctionnéiert hunn, well do Problemer waren a well eng Rei Instalatiounen net fonctionnéiert hunn. Doduerch ass et natierlech och zu Waas-

serverloschter komm déi mer eis net weider wëllen leeschte fir wäertvollt Waasser an deem Sënn ze verschwenden, esou datt mer proposéiert hunn, wéi mer déi Saache gewuer gi sinn, direkt hinzegoe fir déi Sprangbier erëm a Stand ze setzen. An dofir, wéi gesot, hei en Devis fir déi Transformatiouns- a Renovatiounsaarbechte vun 120.000 € an e Crédit spécial vu 25.000 €. Dee Crédit spécial ass fir dëst Joer, well eng Rei vu Saache bestallt sinn. Dat heescht, déi ginn nach an dësem Joer facturéiert. Duerfir also engersäits dee Gesamtdevis vun 120.000 an dann awer e Crédit spécial, deen nach fir dëst Joer ass, dee mer lech zum Vote stellen.

Et ass esou, datt et sech bei deenen Aarbechten déi musse gemaach ginn, handelt ém nei Ofdichtungen, ém Bauarbechten awer och ém nei Pompelen, ém nei Waasserfilteren, well déi Quelle sinn zum Deel ganz laang schonn installéiert. Dat ass net bei jiddwer Quell déiselwecht Aarbechten. Et ass scho méi differenziert. Bei deenen enge sinn et méi Ofdichtungen, déi mussen nei gemaach ginn. Bei aneren ass et eng nei Pompel. Et hänkt dovun of, ech ginn elo net an den Detail do dervun, mä dat sinn déi Aarbechten, déi elo wäerte realiséiert ginn.

Eppes ass hei net dobäi, dat wëll ech hei däitlech soen, et ass net déi grouss Cascade uewen am Park, déi esou trapefform no uewe geet. Dat ass hei net mat abegraff. Dat ass eppes, ech hu mat de Servicer driwwer geschwat, dat soll och gemaach ginn, mä si sinn elo amgaang, den Devis fir déi Cascade um Gaalgebierg am Park auszeschaffen. Deen ass awer nach net prett, mä si hunn eis gesot, dat mer dat kéinte fir den nächste Budget mat engem genauen Devis maachen. An ass wéi gesot nach net ofgeschloss. Dat heescht, et muss nach gekuckt ginn, wéi vill déi Aarbechte kaschten, wat genau muss gemaach ginn an esou virun.

Bon, wéi gesot, mir ginn also an déi Richtung fir déi Fontainen erëm a Stand ze setzen. Wat jo och wichteg ass, einfach vum Ästheteschen hier, awer op däri anerer Säit och a Saache Waasserverschwendung, datt dat duerch déi Aarbechten net méi ka virkommen.

Dat gesot, Dir gesitt, de Rescht hutt Dir am Dossier dran.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): „Madame Hildgen, wann ech gelift.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro un den Här Huss. Dir hutt elo grad geschwat, datt dat géif erëm

gefleckt ginn, wat eng ganz gutt Saach ass. Ech mengen dat och gehéiert zum Image vun enger Stad, datt wa se do e Sprangbierchen huet, oder e Buer iwverhaapt, datt dat fonctionnéiert. Mä Dir hutt geschwat vu Quellen? An elo froen ech mech, ob dat kee Circuit fermé ass? Well Dir hutt vu Quelle geschwat."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Et ass Fontaine gemengt.“

Annette Hildgen (CSV): „Ass gutt, da sinn ech berouegt, well dat wier eng Verschwendung vu Waasser déi awer net méi ze rechtfärdege wier. Ok, Merci.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Ass Fontaine net dat franséisch Wuert fir Quell?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Nee, dat ass Source.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Ass mäi Feeler. Et ass Fontaine, net Quell.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Gutt. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.
Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth –
M. André Zwally

*Le Conseil Communal approuve à
l'unanimité des voix le devis et crédit
spécial pour l'aménagement de
bureaux.*

Personaldelegatioun déi vill mat geschwat huet hei iwwert déi Neigestaltung, esou datt mer elo mengen, mat däi Realisatioun hei um éische Stack wierklech eppes Positives gemaach ze hunn, am Kontext vun der Réforme administrative a vun enger Neigestaltung vun de Büroen. Den Devis an de Crédit spécial sinn 120.000 €.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.
Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M.
Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth –
M. André Zwally

*Le Conseil Communal approuve à
l'unanimité des voix le devis et crédit
spécial pour l'aménagement de
bureaux.*

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Ech mengen elo wiere mer beim leschten Deel vum Devis et Crédits spéciaux.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Jo, Merci. Elo kënnt dee Punkt wou d'Madame Hildgen scho geschwat hat virdrun. Mer hunn duerch d'Décisioun, dass dat aalt Gebai vum Lycée technique Victor Hugo elo géing déi énnesch Klassé vum Lycée Hubert Clément beherberge fir déi nächst Joeren, déi Zäit wou den Hubert Clément émgebaut gëtt a senger jéztzeger Struktur, huet sech d'Fro vum Transport scolaire nach e bësse méi schaarf gestallt. Mir haten émmer an der Victor Hugo Strooss eng onglécklech Situations wat den Transport scolaire ugaangen ass, well hanne op däi Verlängerung téschent Victor Hugo Strooss a Stalingrad Strooss stoungen d'Bussen, an dat war keng glécklech Situation. Mir kréien elo nach méi Bussen. An dofir ass kuerzfristeg d'Décisioun geholl gi fir do op der Victor Hugo Plaz Busquaien ze amenagéieren, fir mol e bëssen d'Situatioun ze entkrampfen, well mat all deene Bussen déi elo do fueren, wär dat zum Verkéiersinfakt komm an der Victor Hugo Strooss an am Quartier, an dat huet awer misste kuerzfristeg décidéiert ginn. Et ass nach net grad färdeg, mä et ass awer um gudde Wee an et wäert an deenen næchste 14 Deeg, 3 Woche färdeg sinn. Et ass leider duerch d'Congés collectifs

esou, dass een émmer 4, 5 Woche verléiert am Summer an dofir hu mer dee Crédit an deen Devis spécial do vun 130.000 € lech virgeluegt.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Jo, elo awer, Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Elo sinn ech richteg frau. Merci. Also ech widderhuele mech da ganz kuerz. Dat heesch, déi Plaz ass nei gemaach ginn. Déi gesait ganz flott aus. Wat elo d'Bussen ubellaangt, ech mengen et si méi Busse bääkomm. D'Situatioun an der Victor Hugo Strooss, zwësche Stalingrad Strooss an zwëschen der Barbara Strooss, ass am Fong geholl, huet sech eigentlech leider Gottes net verbessert. Do stinn esou vill Bussen a wann e Gelenkbus kënnt, dee kritt praktesch d'Kéier net. An eng vun den Ursache fir dat och esou komplizéiert ass, wann déi Bussen do halen, ass praktesch deen Deel vun der Victor Hugo Strooss, deen ass eigentlech net méi fir en Auto, dee kënnt net méi duerch. Ob et eng Méiglechkeet wier, fir déi aner Säit ze iwwerleeë fir eventuell déi Parkplaze stonneweis, wou keng Autoen däerfe stoen, quitt datt dat vläicht organisatoresch ganz schwierig ass, well d'Autoe müssen einfach waarde bis déi Busse fort sinn. An dat ass 4 mol, 2 mol, also am schlechte Fall 4 mol am Dag wou déi Situations sech presentéiert. Dat géife mer lech un d'Häerz leeë fir dat eventuell ze iwwerdenken, ob ee kéint doduerch, duerch e Parkverbot vläicht, iergendwéi do déi Situations do entschärfen? Dat zweet ass, an do hat ech scho mam Här Burg geschwat, d'Implantatioun vun der Kiermes. Dir wësst, wann eng Kiermes op eng relativ kleng Plaz, well dat ass déi Plaz, implantéiert gëtt, wann dat an e gewussene Quartier eraként, d'Leit sinn zwar elo schonn un déi Kiermes gewinnt, zum gréissten Deel, kenne sech awer ni dru gewinnen, dat bréngt onwahrscheinlich vull Kaméidi mat sech. Et bréngt Knascht mat sech. Déi Plaz ass ganz kleng fir déi vill Buden, Kiermesbuden déi do eng Demande maache fir déi opzehuelen. Den Trafic, dee gëtt onwahrscheinlich gestéiert. D'Leit déi ronderém wunnen, déi hunn duerch d'Leit déi absolut keng Disziplin hunn, do gi permanent Garagen zou gesat. Do fuere se duerch Sens interdit an esou weider an esou virun. Wier et net eng Méiglechkeet fir ze iwwerdenken, fir eventuell en anert Emplacement ze fanne fir d'Kiermes? Et ass jo némmen d'Ouschterkiermes déi a Fro kënnt, fir déi eventuell op eng aner Plaz ze transferéieren? Iwwerleed lech dat mol an ech denke spontan e bësselchen

un de Belval. Ech mengen, mir wëllen de Belval integréieren an Esch. Ganz vill Leit kommen op de Belval wunnen. Mir wëllen hunn datt do en Trafic régulier ass zwëschent dem Belval an zwëschen Esch fir eventuell eng aner Plaz, méi eng grouss Plaz ze fanne wou een déi Kermes flott kënnt installéieren a wou déi direk Bewunner déi ronderëm wunnen, vläicht net esou gestéiert ginn. Merci."

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Merci, Madame Hildgen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Jo, zu der Fro vu Parkverbuet a weidere reglementareschen Instrumenter déi mer eis ginn, wëlle mer elo ofwaarden, well mer hunn d’Situation net genau kannt, wéivill Bussen dass definitiv géinge kommen a wéi et téschent deenen 3 Siten oder deene 5 Schoulen déi hei zu Esch sinn, deene 5 Sekondärsschoulen déi hei zu Esch sinn, wéi den Transport scolaire organiséiert gëtt. Mir mussen elo kucke wéi mer dat maachen. An dat ka gegebenfalls dozou féieren, dass mer nach do mat Parkverbotinstrumenter schaffen. Et wär jo schéin, wann een dat just kéint limitéieren op déi Zäit wou d’Bussen do misste stoen, mä dat fonctionnéiert an der Praxis net, well da musse mer niewent all Bus och nach eng Dépanneuse hu fir déi déi awer illegal do stinn, ofzeschleefen. Also dat wäert praktesch net fonctionnéieren, dat wäert da schonn esou sinn, dass et wa Schoul ass, datt dann émmer gespaart ass.

Dat anert mat der Kermes, also dat do, déi Busquaie schléissem technesch d’Kermes net aus, et muss een natierlech kucken, dass d’Kermes an d’Cohabitation Kermes a Schoul datt dat muss garantéiert gëtt, mä dat ass en anere Sujet. Dat ass en anere Sujet deen elo kloer net heihi passt. Mä et ass awer sécher, dass déi Busquaien d’Kermes net ausschléissem. Dat ass eng Fro vu Calage wou déi Foraine mussen énnert hir Commercé maachen, mä dat ass eng Diskusiooun déi mer separat ze féieren hunn an deenen nächste Wochen a Méint. Mä bon, et ass kee vrou wann hien d’Kermes eventuell huet, mä et ass awer all Mensch vrou, wann d’Kermes an Esch ass.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Au vote.“

*Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix le devis complémentaire pour les travaux rue Victor Hugo.*

10. Décomptes: services industriels et travaux municipaux: décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sou, dann hätte mer de Punkt 9 ofgeschloss a kéinten zu den Décompté kommen. An zwar déi vun de Services industriels a vun den Travaux municipaux. Au vote.“

*Conseillers présents:
M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix le crédit spécial pour l'acquisition de mobilier pour les annexes des écoles Brill, Grand-Rue et Ancien Lycée.*

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Jo, an da brauche mer e Vote doriwwer. Gutt.“

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix le crédit spécial pour l'acquisition de mobilier pour les annexes des écoles Brill, Grand-Rue et Ancien Lycée.*

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Nächst Kéier, Sekretariat, tesselt d’Baueten an d’Infrastrukturen, net déi eng dertéschent, soss kënnt eis dat nach eng Kéier vir.“

11. Relevés et rôles; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sou, dann elo awer de Punkt 11. Dat ass Relevés et rôles. Do geet et èm den Impôt foncier vun den Exercicer 2009/2010/2011. Dir hutt all Detailer an ech géif och hei lech bidden Är Zoustémung ze ginn.“

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier relatif aux exercices 2009, 2010 & 2011.*

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Oh, jo, mir hunn ee Vote vergiess effektiv.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„D’Annexes Brill, Grand-rue an Ale Lycée.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Här Bauteschäffen, dee vun de Mobilialren.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Jo, ech mengen d’Devise leie vir. Et geet èm de Mobilier fir d’Miwwelen, d’Bänken, d’Schief, an esou virun. An deem zousätzleche Schoulraum dee mer geschaft hunn, hu mer et effektiv vergiess virdrun. Ech géif lech proposéieren deem zouzes-tëmmen. Et ass jo evident, wann Dir nei Installatione vu Schoulraum hutt, da brauch Dir och Mobilier deen dran ass an ech géif lech also bidden deem zouzes-tëmmen.“

12. Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„D’Personalfroen, déi déi mer elo an der öffentlecher Sëtzung hunn énnner Punkt 12. Här Huss.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Den éischte Punkt ass d’Kreatioun vun engem

Posten am Service de l'Enseignement an zwar op Recommandatioun an enger Note vun eisem Schoulinspekter, deen dat motivéiert huet, well d'Zuel vun de Schoulkanner hei zu Esch an deene leschte Joeren émmer erém zouhëlt, an och am leschte Joer zougeholl huet, an natierlech och doduercher d'Noutwendegkeet vun Interventiounen bei de Familljen doheem. Doduercher huet den Här Schoulinspekter eis proposéiert, en zousätzleche Posten als Assistant social ze schafen. Dat heescht vun 3 op 4 also. Ech géif lech bidden deem zouzestëmmen, oder solle mer se zesummen huelen?"

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Regroupéiert géing ech proposéieren.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Da regroupéiere mer se. Eng zweet Création de poste si 7 Posten, déi als Auxiliaires économies affectéiert ginn an der Maison Relais an et handelt sech natierlech net ém fulltime Posten. Et handelt sech hei all Kéiers ém 10 Stonnen. Net ém 40 Stonnen, mä ém 10 Stone fir d'Maison Relais am Home St. Joseph, an et geet dobäi ém d'Betreiung vun de Kanner während der Mëttesstonn. Dir wësst, datt mer d'Situatioun hunn, datt mer émmer méi Demande kréie vun Elteren déi beruffstäteg sinn, fir an eis Maisons Relais kënnen iwwerhaapt mol eran ze kommen. Dobäi ass et awer esou, datt en Deel vun deenen Elteren dat net wëlle fir e ganzen Dag, mä effektiv vun hirem Beruff hiergesinn, haapsächlech an der Mëttesstonn, fir datt d'Kanner och do kënnen ze isesse kréien. Dat bedeit natierlech datt déi Kanner betreit ginn. Datt lesse soll geliwwert gi vun eiser Maison Relais Papillon, also wou et gekacht gëtt. Mä mir brauchen awer dann déi 7 Poste vun 10 Stone jeeweils fir dat ze maachen. A mer brauchen och een neie Poste vum Poste d'agent de nettoyage mat 16 Stonnen, fir dann awer déi Botzaarbechten am Home St. Joseph ze maachen.

Dann dee leschte Punkt, dat si Prolongations de stage. Hei geet et ém den Här François Moes engersäits an den Här Alain Rauchs, déi am Fong déi Prolongation de stage sollen accordéiert kréien, well déi Formation spéciale, déi dofir noutwenneg ass, net organiséiert gi war. A vun dohier hu se gefrot fir déi Prolongation de stage ze kréien an ech mengen et ass normal, et läit jo net un hinnen, datt déi Formation spéciale net organiséiert war.

Ech géif lech also bidden, deenen dräi Punkten hei zouzestëmmen. Ech kann och dobäisoen, datt an der Kommissiouen

vum Personal a vun der Réforme administrative eng grouss Zoustëmmung zu deene Créations de postes hei war.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Sidd Dir d'accord, dass mer dat herno regroupéiert votéieren. Dann d'Madame Hildgen do zur Diskusioun.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll just soen, datt mir mat bëiden Hänn, d'CSV Fraktioun, stëmmen, datt mir en Assistant social bälkréie fir d'Schoulen. Dat ass bluttnéideg. Mir kréien émmer méi Kanner, mat émmer méi grousse Problemer, mat méi Problemer an déi Assistentes sociales déi elo do sinn, déi en exzellenten Job maachen, déi si scho ganz laang un hire Kapazitéiten ukomm. Dat heescht, si kënnen net méi maachen. Also mir sinn immens frou a mir felicitéieren d'Gemeng, datt se dozou iwvergeet fir en Assistant social anzestellen. Merci.“

Schäffe Jean Huss (DÉI GRÉNG): „Ech kann dat némme konfirméiere wat d'Madame Hildgen gesot huet. Déi hei Koalioun huet evidenterweis dat och richteg gemaach. Ech si frou, datt Dir dat nach eng Kéier konfirméiert hutt.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix les transactions immobilières.

iwwert eng Soulte vun 2.450 € en faveur vun der Stad Esch ze ajustéieren.

Dat drëtt ass en Acte de vente téscht der Stad Esch an den Epoux Collignon-Oliveira an déi Transaktioun ass fir en Alignement an der rue du Burgronn ze regulariséieren.

An dann dat drëtt, dat véiert besser gesot, do ass e klenge Schreiffeler, dat ass eng Konventioun téscht der Stad Esch an der Koppel Muratovic-Adrovic an do geet et ém eng Mise à disposition vun Terrainen als Annexe vun engem Gaart. Déi Mise à disposition, déi ass fir eng Redevance annuelle vun 2 x 40 also 80 € an dat Ganzt ass an der Cité Leesberg an ech géing lech bidden deem Är Zoustëmmung ze ginn. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix les transactions immobilières.

14. Contrats de bail; décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Punkt 14, Contrats de bail. Do geet d'Wuert un d'Ressortschäffin, d'Madame Spautz.“

Schäffin Vera Spautz (LSAP): „Jo, Merci. Et leie 6 Contrate vir. Déi 3 éischt sinn nei Kontrakter fir nei Leit déi an eis Wunnergen erakommen. 4 a 5 si Relogementer. A 6 ass eng Garage op der Léier an ech bidden lech deem zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – Mme Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix les contrats de bail.

13. Transactions immobilières: décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Mir kéimen da bei d'Transactions immobilières. Do sinn der dräi. Déi eng ass d'Integratioun vun enger Parzell an der rue des Mineurs an den Domaine privé communal. Do geet et drëm fir d'Lime vum Domaine public ze ajustéieren.

Dat zweet ass en Acte d'échange téscht der Stad Esch an der Koppel Selimovic-Mirovic, och am But fir d'Lime vum Domaine public an der rue des Mineurs

15. Règlements de la circulation; confirmation et décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Da kéime mer schonn zum leschte Punkt. Dat si Verkéiersreglementer, Här Verkéiersschäffen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):
„Merci. Mer hu lauter definitiver, pardon, provisoirescher ze konfirméieren déi alle-guer bis op eng Ausnam mat Chantieren ze dinn hunn. Et ass just, mer hunn deen différentes rues do hu mer wéinst deenen neie Schoulgebaier och misste reglementéieren an zwar un Terres Rouges an dann och bei der Nonnewise Schoul hu mer missten ufänken ze reglementéieren, well dat émmer méi benotzt ginn ass fir Par-

king longue durée. An déi Situatioun an dat Géigewierk wat mer eis wollte gi fir de Kiss and Go do ze maachen, net méi fonctionnérert huet. Also dat hu mer elo kuerzfristeg temporär reglementéiert.“

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):
„Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard –
Mme Taina Bofferding – M. Daniel
Codello – M. Marco Goetz – M. Mike
Hansen – Mme Annette Hildgen – M.
Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M.
Thiéid Johanns – M. Martin Kox – Mme
Lydia Mutsch – Mme Vera Spautz –

M. Jean Tonnar – M. Everard Wohl-farth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité des voix les règlements de la circulation.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP):

„Sou, mir wieren dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Mir sinn invitéiert vum Maart fir déi offiziell Rentrée an duerno gi mer eis Rendez-vous am Dimmi Si um Belval. A fir d'Membere vun der Press déi kennéen häerzlech sech uschléisse wa se wëllen, well ech mengen do war d'Invita-tioune net bis bei si erausgaangen an ech freeë mech fir all déi déi ugemellt sinn, bis direkt.“

Résumé en français de la séance du Conseil communal du 21 septembre 2012

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois)

3. Information au public des décisions de personnel

A) Résiliation de contrats de travail.
1) Résiliation d'un commun accord des contrats d'engagement conclus pour une durée indéterminée entre l'administration communale et les éducateurs renseignés ci-après. Il s'agit en l'occurrence d'éducateurs affectés auprès de l'enseignement fondamental qui ont été engagés à durée indéterminée par la Ville avant l'entrée en vigueur de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental:

BRAOJOS Romina, RECH Jeff, MAHNEN Patrick.

Motif: Reprise par l'Etat dans le cadre de l'exécution de la loi du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1^{er} octobre 2012, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Simone Klein, née le 26 mars 1983, domiciliée à L-4510 Oberkorn, 39a, route de Belvaux, éducatrice diplômée auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

Lettre de l'intéressée du 9 août 2012.

B) Question de personnel (agent engagé sous le régime de l'employé communal respectivement du salarié).

Engagement, avec effet au 1^{er} septembre 2012, à plein temps et à durée indéterminée de Madame Mandy Mathieu, née le 04 août 1985, demeurant à Bettem-

bourg, 127, rue Michel Lentz, comme aidant social et éducatif pour les besoins du foyer de nuit « Abrisud ». L'intéressée est admise au régime du salarié. Elle sous-occupera au Foyer de nuit le poste d'éducateur diplômé. (La régularisation administrative sera effectuée lors de la prochaine approbation d'un organigramme du foyer de nuit).

Le degré d'occupation du nouveau titulaire est fixé à 40/40ièmes.

L'intéressée a effectué auprès du foyer de nuit ABRISUD l'apprentissage du métier d'auxiliaire de vie.

La rémunération du nouveau titulaire est fixée en application de la convention collective de travail pour le secteur d'aide et de soins et pour le secteur social actuellement en vigueur (en abrégé CCT SAS) pour les agents classés dans la carrière PE 7 de l'aidant social et éducatif.

La période d'essai est fixée selon les dispositions en vigueur en la matière.

4. Correspondance

Il n'y a rien sous ce point.

5. Taxes, tarifs, prix et redevances communales: adaptation; décisions

Lydia Mutsch (LSAP) donne un aperçu des adaptations de taxes.

En ce qui concerne les taxes de chancellerie, il existe maintenant un package

pour la déclaration de naissances, mariages, partenariats et décès qui comprend 6 actes. Les taxes pour jeux de quilles et bowling, jeux électroniques, billards, kickers, flippers, appareils de musique automatique et cinémas seront dorénavant à déclarer par les tenanciers et seront contrôlées par la commune. Une amende de 250 € est prévue en cas de non déclaration.

La Ville introduit une taxe pour la mise à disposition des salles de réunion de l'Hôtel de Ville. Cette taxe reste cependant sans objet pour les asbl eschoises. Puisque les demandes de vin d'honneur ont explosé, la Ville introduit en outre une taxe sur boissons et friandises offertes par la commune. Pour les mariages, le vin reste gratuit pour 25 personnes. En ce qui concerne les cérémonies d'anniversaire des asbl locales, un package jubilé comportant une prise en charge totale ou partielle des frais du vin d'honneur pourra être proposé par la Commission des Subsides.

En ce qui concerne le prix de l'eau, Mme Mutsch explique qu'on attendra une solution nationale avant de procéder à des adaptations.

Les adaptations des taxes du service des travaux engendrent une approche plus transparente. Mme Mutsch souligne que les nouveaux taux pour la mise à disposition de matériel communal ne concernent pas les asbl résidentes, qui eux continuent à bénéficier de la gratuité de cette offre. Les associations à but lucratif

et personnes privées résidentes payent la moitié de ce que les associations à but lucratif et personnes privées non résidentes doivent payer. En cas de casse ou de disparition de matériel, les tarifs sont les mêmes pour toutes les associations ou personnes.

